# RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 2 / 3 – 2022



RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

# SOMMAIRE

## PRÉFACE




## GEMENG

Extrait du registre aux délibérations ........ 04
Schoulorganisatioun 2022/2023 ........ 07
Busplang 22–23 ........ 08
E puer Andréck ........ 09
vun eise Chantieren
Nationalfeierdag 2022 ........ 12
Interview – neit Gemengepersonal an der Maison Relais ........ 18
JSKU ........ 20
Sportifs méritants 2022 ........ 21
Maison Relais bei de Fliedermais ........ 23
Den Ierfgroussherzog op Besuch zu Useldeng ........ 25

## DUERFLIEWEN

95. Gebuertsdag ........ 26
Offiziell Aweiung vum Foyer Atert ........ 27
Aktuelles vom Castleride-Treff ........ 28





## VERÄINSLIEWEN

Schandeler Kiermess ........ 29
Pompjeesfrënn Useldeng ........ 30
Indiaca Nethoppers Useldeng ........ 31
Medailleniwwerreechung vum ........ 32
CGDIS, CIS-Useldeng
Harmonie Useldeng ........ 32
FC Jeunesse USELDENG ........ 34
Déi 15. Editioun vun ........ 38
USELDING am MËTTELALTER
Live & lieweg - ........ 42
Gollo in Concert zu Uselding
Groupe spéléologique de l'Attert ........ 42

## DE GRÉNGEN ECK

Klimateam News ........ 44

## AM KANTON

PNM2035 ........ 48
12 Jugendlecher hunn d'Sakrament ........ 50
vun der Firmung empfaangen
Konschtausstellung vum Réidener ........ 50
Jugendtreff an der ManuKultura
Diplomiwwerreeschung vun der ........ 52
Museksschoul Kanton Réiden

## D'REZEPT VUN DER BOMI

Paella au poulet et aux crustacés ........ 54

## AGENDA

Wann Dir Loscht hutt, fir beim „Ripevusch" matzeschaffen oder een Artikel oofzeliwweren, kënnt Dir lech per E-mail mellen: communication@useldeng.lu Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 3/2022 ass den 6.11.2022!**

Coverfoto : Jil Peiffer
Correctures : Merci dem Gaby Pavant
Mise en page : a | part
Impression : imprimerie reka
Tirage : 950 exemplaires

# De feste Bléck no vir!



No engem Billerbuchsummer mat ville flotten Evenementer an eiser Gemeng (Mëttelalterfest, Nationalfeierdag, akademesch Sitzung fir 75 Joer Bestoe vum Football, Diplomiwwerreechung Museksschoul etc.) huet d'Normalitéit eis erëm ageholl.

Eis Maison Relais ass mat den Aschreiwunge vun eise Kanner un hir Grenze gestouss an och an eiser Schoul gëtt et richteg enk.

Eis Gemeng entwéckelt sech also weiderhi ganz positiv a Gott sei Dank komme mer mam Neibau vun der Schoul gutt virun; och wa bei verschiddene Soumissiounen dee virgesinne Budget iwwerschratt gëtt, mee wie wonnert dat!

Mir ginn all Dag nei iwwerrascht vun neier Präisdeierecht am Energieberäich, bei de Liewensmëttel an a villen anere Beräicher a si forcéiert, deem ganzen Zenario als Statisten nozekucken.

Vill Previsiounen deiten ee schwieregen Hierscht un ...

De Schäffen- a Gemengerot harmonéiert allerdéngs eigentlech esou gutt, wéi seele virdrun an eis all dréckt no der Pandemie, dee fierchterlechen Ukrainkrich schwéier op d'Gemitt.

Mee nun zu eppes méi Erfreelechem:

Den Ierfgroussherzog Guillaume mat senger Madamm Stéphanie hunn eis mat enger Privatvisitt a Begleedung vun eisem Minister Marc Hansen a senger Madamm iwwerrascht a ware begeeschtert vun eiser Buerg an eiser schéiner Gemeng!

Mir stellen och fest, dass vill méi Touristen eis a leschter Zäit besiche kommen, déi net schlecht staunen iwwert déi vill Efforten, déi zur Verschéinerung vun eisen Dierfer gemaach goufen.

Mir louchen also definitiv richteg mam Invest an de Péitche Lauer an och an eis originell Iwwernuechtungs-méiglechkeeten.

Mat entre-temps 2.050 Awunnerinnen an Awunner – een Zouwuess an engem Joer vu 50 –, beweege mir eis am Mëttelfeld vun alle Gemengen aus dem Land a mir scheie keng Méi, fir eise Leit dee Service ze offréieren, dee gréisser Gemengen och bidden.

Sou huet de Gemengerot rezent a senger Julisitzung d'Propos fir nei digital Raidere fir all Duerf eestëmmeg ugeholl an ënnerstäicht domat, dass mer eis definitiv deenen neien Technologien net verschléissen!


Ech gi mol dovun aus, dass geschwënn och déi aner Gemengen aus dem Kanton eis an dësem Domän suivéieren.

Mir si fest gewëllt aus dem grousse Peloton erauszefueren a scheie keng Méi eis Gemeng weider no vir ze bréngen.

Eigentlech si mir jo och duerfir gewielt ginn a bekanntlech gëtt een normalerweis un deem gemooss, wat een Opweises huet ...

Ech wënschen Iech all, trotz den ongewëssen Zäiten, eng gutt Rentrée an ee flotten Hierscht!

*Äre Buergermeeschter*



# Extrait du registre aux délibérations

## du conseil communal de la commune d'Useldange



## Séance du 20 mai 2022

### État des restants 2021

Le conseil communal décide d'approuver l'état des restants 2021 présenté par Madame la receveuse communale et n'accorde aucune décharge.

### Organisation scolaire 2022/2023

L'organisation scolaire 2022/2023 a été présentée par Madame Laura Weis, membre du comité d'école.

Le conseil communal a unanimement accordé l'organisation 2022/2023.

### PEP 2022/2023

Le plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2022/2023 élaboré par des représentants de l'école, de la Maison relais et de la commune d'Useldange a également été présenté par Madame Laura Weis.

Elle a évoqué que l'horaire va légèrement changer, les enfants ont ainsi une pause de 10 minutes dans l'après-midi.

Le conseil communal accepte à l'unanimité des voix le PEP.

### Approbation du compte administratif 2020

Le compte administratif 2020 et les remarques du contrôle ont été présentés par le bourgmestre.

Le conseil communal donne son approbation avec 9 voix favorables.

### Approbation du compte de gestion 2020

Le compte de gestion 2020 a également été approuvé.

### Approbation d'une demande de morcellement à Useldange

Le conseil communal approuve un projet de morcellement de terrains à Useldange.

### Droit de préemption

Le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas acquérir le terrain de Madame Colbach à Useldange.

### Confirmation d'un règlement de circulation temporaire

Le conseil communal vote à l'unanimité en faveur d'un règlement de circulation à caractère temporaire à l'occasion de la manifestation « Nom Bësch un den Dësch » à Rippweiler.

### Approbation de contrats de travail

Le conseil communal a approuvé deux contrats de travail, et ce, dans le service technique.

### Actes et conventions

Le conseil communal accepte avec 9 voix favorables la convention entre le Forum pour emploi asbl et la Commune d'Useldange.

Cette collaboration a pour objet de promouvoir la réinsertion de salariés en insertion dans le marché de travail par la mise au travail dans le cadre des activités du Forum pour l'emploi. La Commune garantit une partie de l'apport financier nécessaire pour ce projet.

### Titres de recette

Le conseil communal décide d'approuver les titres de recette présentés par le bourgmestre.

# Séance du 29 juillet 2022

## Création de postes pour la maison relais

Dans sa séance du 29 juillet, le conseil communal a voté en faveur d'une création de 2 postes DAP/auxiliaire de vie à durée indéterminée de 40h/semaine et 1 poste d'éducateur diplômé de 40h/semaine pour le besoin de la Maison Relais.

## Mise à jour du plan pluriannuel financier

Le plan pluriannuel financier prévoit aucun emprunt en 2022. Les prévisions projettent un emprunt en 2023 et 2024.

La mise à jour a été présentée et acceptée par le conseil communal.

## Détermination de nouveaux lieux de célébration de mariages

Les lieux de célébration de mariages suivants ont été proposés aux conseil communal :

- Useldange Mairie
- L'enceinte du château
- Centre Culturel Useldange

Ces 3 lieux ont été unanimement accepté.

## Vote des nouveaux statuts du Syndicat Intercommunal pour la conservation de la Nature « Sicona »

Les nouveaux statuts ont été approuvé par le conseil communal.

Le bureau SICONA se compose ainsi de 5 membres qui vont être élus par le comité parmi ses membres dont le président et deux vice-présidents.

## Adhésion des communes de Lorentzweiler et Steinsel au Sicona-Centre

Le conseil communal alloue l'adhésion des deux nouvelles communes.

Selon la loi sur les syndicats intercommunaux, les communes membres doivent donner leur accord ou désaccord.

## Décision concernant Phase 3 du projet USELDENG 4.0 (installation de bornes électroniques multifonctionnelles)

Le conseil communal accepte avec 8 voix favorables l'acquisition de 4 bornes électroniques multifonctionnelles. Ces bornes vont pouvoir appeler différentes fonctions dont le raider virtuel, la météo, l'affichage de l'horaire en temps réel des bus,...

Les emplacements des bornes restent encore à définir.



## Dépôt des statuts de l'asbl « Amicale DEA »

Le conseil communal alloue les statuts de l'asbl Amicale DEA. Celle-ci a ainsi officiellement son siège social à Useldange.

## Décision concernant un droit de préemption

Le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas exercer son droit de préemption concernant plusieurs terrains inscrit à la section B d'Useldange.



## Dénomination de rues

La dénomination des rues a été faite par le conseil communal communal.

La rue concernée se trouve à Everlange, entre la ferme de Monsieur Nothum et la station de pompage. Elle s'appelle désormais « Millebesch ».

## Composition du « Naturpaktteam »

Le conseil communal alloue à l'unanimité la composition suivante :

- Pierre Da Silva (échevin pacte nature)
- Mike Van Rijen (garde forestier)
- Yves Schaack (conseiller pacte nature SICONA)
- Sam Heiter (conseiller pacte nature adjoint SICONA)
- Jil Peiffer (membre)
- Marc Ferber (membre)

## Actes et conventions

L'élaboration et les modifications des conventions suivantes ont été accordées par notre conseil :

- Convention entre les époux Vaudrey et la Commune d'Useldange. (projet d'aménagement d'une liaison piétonne entre le centre d'Useldange et les terrains sportifs)
- Convention entre l'État et la Commune d'Useldange (contrat de bail - arrêt de bus)
- Convention entre Monsieur Neu Pascal et la Commune d'Useldange (mise à disposition du domaine public)
- Contrat de bail entre M. Carreau Aghlotat, Mme Benmancer Maha et la Commune d'Useldange (avenant au bail)
- Contrat de bail entre Madame Da Cruz Teixeira et la Commune d'Useldange (avenant au bail)
- Contrat de bail entre la famille Canovic-Ceman et la Commune d'Useldange
- Convention entre « Useldengerhaff a.s.b.l. » et la Commune d'Useldange (projet d'aménagement d'une liaison piétonne entre le centre d'Useldange et les terrains sportifs)

## Vote d'un crédit supplémentaire

Un subside extraordinaire à hauteur de 390 € a été unanimement voté afin de financer l'achat d'uniformes supplémentaires.

## Titres de recette

Le conseil communal décide de signer les différents titres de recette.

# Schoulorganisatioun 2022/2023

*Notiz: Opgrond vun dem neien EU-Datenschutzreglement (RGPD), dat de 25. Mai 2018 a Kraft getrueden ass, ass ët eis leider net méi méiglech d'Nimm vun de Schoulkanner ze veréffentlechen. Merci fir Äert Versteesdemech!*

**Précoce, Cycle 1.1 & 1.2 (19 enfants)**

Titulaire de référence : Mertens Fabienne

**Précoce (17 enfants)**

Titulaire de référence : Czerwonka Claudia

**Cycle : 1.1 & 1.2 A (17 enfants)**

Titulaire de référence : Barthelemy Carole

**Cycle 1.1+1.2 B (17 enfants)**

Titulaire de référence : Weis Laura

**Cycle 2.1 A (18 enfants)**

Titulaire de référence : Emeringer Sandra

**Cycle 2.1 B (18 enfants)**

Titulaire de référence : Erdel Marilyn

**Cycle 2.2 A (18 enfants)**

Titulaire de référence : Schartz Michèle

**Cycle 2.2 B (17 enfants)**

Titulaire de référence : Neuman Christiane

**Cycle 3.1 (11 enfants)**

Titulaire de référence: Hansen Myriam

**Cycle 3.2 A (14 enfants)**

Titulaire de référence : Schummer Nadine

**Cycle 3.2 B (13 enfants)**

Titulaire de référence : Lapenna Noémie

**Cycle 4.1 A (11 enfants)**

Titulaire de référence : Risch Claudine

**Cycle 4.1 B (12 enfants)**

Titulaire de référence : Zimmermann Kelly

**Cycle 4.2 A (11 enfants)**

Titulaire de référence : Groben Gilles

**Cycle 4.2 B (12 enfants)**

Titulaire de référence : Marinho Ribeiro Karine





# Busplang 22–23

## Schoul Useldeng

GEMENG

### Trajet A – ALLER

Schandel › Useldange › Schoul Useldeng

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Schandel – Duerfstrooss | 7h26 | 13h34 |
| Schandel – église | 7h27 | 13h35 |
| Schandel – Rue de Vichten | 7h29 | 13h37 |
| Useldange – Helpersbierg | 7h34 | 13h42 |
| Useldange – Ancienne École | 7h37 | 13h45 |
| Useldange – Spuerkeess | 7h39 | 13h47 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h42 | 13h50 |

### Trajet B – ALLER

Everlange › Rippweiler › Useldange › Schoul Useldeng

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Everlange – Moulin | 7h21 | 13h26 |
| Everlange – Pont | 7h23 | 13h28 |
| Everlange – Centre culturel | 7h25 | 13h30 |
| Everlange – Rue Halte | 7h27 | 13h32 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 7h33 | 13h38 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 7h39 | 13h44 |
| Useldange – Cimetière | 7h41 | 13h46 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h45 | 13h50 |

### Trajet A – RETOUR

Schoul Useldeng › Schandel › Useldange

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | 15h55 |
| Schandel – Duerfstrooss | 12h08 | 15h58 |
| Schandel – Église | 12h09 | 15h59 |
| Schandel – Rue de Vichten | 12h11 | 16h01 |
| Useldange – Spuerkeess | 12h15 | 16h05 |
| Useldange – Helperbierg | 12h18 | 16h08 |
| Useldange – Ancienne École | 12h22 | 16h12 |

### Trajet B – RETOUR

Schoul Useldeng › Useldange › Rippweiler › Everlange

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | 15h55 |
| Useldange – Cimetière | 12h08 | 15h58 |
| Useldange - Spuerkeess | / | 15h59 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 12h11 | 16h02 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 12h17 | 16h08 |
| Everlange – Rue Halte | 12h23 | 16h14 |
| Everlange – Centre culturel | 12h25 | 16h16 |
| Everlange – Pont | 12h27 | 16h18 |
| Everlange – Moulin | 12h29 | 16h20 |

# E puer Andréck vun eise Chantieren







### Nei Foussgängerbréck zu Iewerleng

Den 18. September 2020 gouf am Gemengerot eestëmmeg de Projet vum Bau vun enger neier Foussgängerbréck zu Iewerleng tëscht der Strooss am Eck an der Haaptstrooss gestëmmt.

Duerch divers Oplage vun de Ministèren, ënner anerem huet nach eng Natura2000 Ëmwelt-Etüd misste realiséiert ginn a bedéngt duerch d’Coronakris a Liwwerengpäss huet sech de Projet erausgezunn an d’Ausféierung konnt eréisch Ufank dëst Joer realiséiert ginn.

Un der Ausschreiwung hat sech just d’Firma Schilling bedeelegt, déi dann och den Optrag kritt huet. Bei eiser Bréck handelt et sech ëm déi éischt FiberCore Europe Glasfaserbréck, déi hei zu Lëtzebuerg installéiert gouf. Glasfaserbrécken hunn de Virdeel, datt se méi staark si wei Stol bei engem geréngen Eegegewiicht an datt se eng laang Liewensdauer hunn a wéineg Entretien néideg ass.

D’Aarbechte goufe geplangt an iwwerwaacht vum Ingenieursbüro INCA. Ausserdeem gouf d’Ausféierung vun den Terrassementsaarbechte vun engem Geolog vum Grundbaulabor Trier superviséiert (Oplag vum Waasserwirtschaftsamt).

Duerch déi divers Oplagen huet sech de Projet verdeiert an d’Käschte belafen sech op ongeféier 275.000 €.

Den 29. Juli gouf Bréck offiziell vum Gemengerot a Betrib geholl.

Dëse Projet reit sech an an déi vill Projeten, déi di lescht Joren an der Gemeng Useldeng realiséiert goufen, fir déi douce Mobilitéit ze fuerderen. Dëse Reseau soll an Zukunft nach weider ausgebaut ginn, ënner anerem wëll d’Gemeng de Schoulkomplex op Weidfeld mat den Uertschafte Schandel an Iewerleng verbannen. Hei bleiwen nach Verhandlunge mat de Proprietären ze feieren, fir dee beschte Wee ze fannen an déi néideg Droit-de-Passagen ze kréien.

Sou kéint eis Bréck an Zukunft nach méi eng grouss Bedeitung kréien an et eise Kanner an hiren Elteren erlaben, vun Iewerleng a Rippweiler bei guddem Wieder méi sécher an op méi engem kuerze Wee mam Vëlo an d’Schoul ze fueren.

## Erweiderung vun der Primärschoul





## E puer méi kleng Projeten déi réaliséiert goufen





Blummewiss zu Iewerleng



Fangnetz a Goaler um Fussballsterrain



Fassaden zu Iewerleng





Schoul Passage

Panneau Péitche Lauer




Nodeems sech vill Bierger/innen Gedanken gemeet haaten zum Thema „Secher an d'Schoul Useldeng" huet den Schäfferot reagéiert andeems en den Accès fir an d'Schoul fir Leit mat Poussetten méi sécher gestallt huet duerch den Aménagement vun engem neien Fousgängerwee an zwee Zebrasträifen an der Entrée vum Site.

Sou wei an der Petitioun gefrot goufen och zousätzlech Schwëllen installéiert fir den Verkéier um Site vun der Schoul ze berouegen.

Wat Vitesse-Limitatioun an der Schandeler Strooss selwer betrefft sinn der Gemeng leider Hänn gebonnen well et sech hei ëm eng Staatsstrooss handelt.




# Nationalfeierdag 2022

## an der Gemeng Useldeng

Den Nationalfeierdag gouf dëst Joer an der Gemeng Useldeng um Dag selwer, Donneschdeg, den 23. Juni 2022 zu Useldeng gefeiert.

De Cortège fir an d'Kierch, ugefouert vun der Harmonie Useldeng an de Pompjeeën aus der Gemeng, goung um 10.15 Auer am Millenhaff zu Useldeng fort. Den offizielle Festakt war nom Gottesdéngscht an dem Te Deum beim „Monument aux morts", wou eng Gerbe niddergeluecht gouf.

D'Usprooch vum Buergermeeschter an d'Medaileniwwerreechung goufen am Schlasshaff vun der Useldenger Buerg ofgehalen.

D'Gemeng hat duerno op de Frëndschaftspatt um „neie" Fussballterrain invitéiert.

Uschléissend huet dunn d'Volleksfest, organiséiert vun de Kulturfrënn zesumme mat der Gemeng Useldeng ugefaangen.

Et goufen nach vill flott Stonne bei summerlechem Wieder, gudder Musek a beschter Stëmmung zesumme verbruecht.

**D'Medaile vum CIS Useldeng, déi op Nationalfeierdag iwwerreecht goufen:**

- Kieffer Valerie - Médaille en argent fir 15 Joer vun der sécurité civile.
- Theiss Christophe - Médaille en argent fir 15 Joer vun der sécurité civile.
- Thiel Anne - Médaille en argent fir 15 Joer vun der sécurité civile.
- Grosber Elvire - Médaille en vermeil avec couronne fir 30 Joer vun der sécurité civile
- Thiel Romain - Médaille en vermeil avec couronne fir 30 Joer vun der sécurité civile.
- Bach Claude - Croix de Mérite en argent avec couronne fir 40 Joer
- Feinen Raymond - Croix de Mérite en or avec couronne fir 45 Joer

Text : Tom Lehnert





## Usprooch vum Buergermeeschter Pollo Bodem op Nationalfeierdag 2022



*Dir Dammen an dir Hären,léif Memberen vun de Veräiner, léif Matbiergerinnen a Matbierger!*

*Fir all Natioun ass ett wichtig, sich regelmässig op d'Quellen vun hirem Erfolleg an hirem Wuelergoen ze besënnen.*

*Wien nit méi weess wou hien hierkënnt, riskéiert d'Gefill vun der richtiger Orientéierung fir d'Zukunft ze verléieren.*

*Och an eiser schnellliewеger Zäit huet d'Erënnerung un déi Wuerzelen näischt un Gültigkeet verluer.*

*Sou ass onverännert eisen Nationalfeierdag eng passend Geleenheet, fir iwwer eis national Existenz an Schicksal nozedenken.*

*Wien sich mat der Lëtzebuerger Geschicht ausenaanersetzt, kënnt un e puer Iwwerleeungen nit derlaanscht, déi den stännigen Opstieg an an d'Festigung zu engem fräien, international unerkannten an räichen Staat erméiglicht oder zumindest begënstigt hun.*

*Dozou gehéiert selbstverständlich déi historisch staark an och nach haut aktuell wichtig Roll vun eiser Monarchie, déi virun allem fir eis eeler Generatioun an de Stonnen vun der kollektiver Nout als staarkt Symbol fir Eenheet an Onofhängigkeet gegollen huet.*

*Dozou zielen awer och besonnesch d'Affer vun villen Lëtzebuerger, déi virun méi wi 77 Joeren dem Naziokkupant mat vill Courage an Entschlossen-a Geschlossenheet d'Stier gebueden hun.*

*Hinnen hun mir ze verdanken, dass mer den Groussherzogsgebuertsdag iwwerhaapt an Fridden an a Fräiheet feieren können.*

*Zur Verbonnenheet mat dësen Wuerzelen gehéiert och d'Wëssen ëm den richtigen Stellenwert vun Europa fir eist Land.*

*Nit alles waat Europa mecht ass gudd, mee ouni Europa wier den politischen an wirtschaftlichen Integratiounsprozess vun dësem Land nit esou iwwert d'Bühn gaang.*

*Grad wirtschaftlich gesin huet Lëtzebuerg an de vergaangenen Joerzingten méi wi vill aaner Länner direkten Notzen aus dem europäischen Bannenmaart gezun.*



GEMENG

*Déi schrecklich Szenen aus dem Ukrainekrich an d'Invasioun vum Putin-Russland ginn eis dernieft nit aus dem Kapp!*

*Dee Match ass nach nit gelaaf an Europa hälleft dësem Land a sengem Präsident Selenski sou gutt ett kann!*

*Et ass einfach ze soen, mir mussen nach méi haart duerchgräifen, mee all déi, déi dat fuerderen mussen och wëssen, dass dat nach méi verheerend Konsequenzen kann kréien.*

*De Moment leiden mer all un de finanziellen Folgen vun dësem Krich, mee mir mussen wëssen, dass d'Ukräiner hieren Onofhängigkeetskrich mat fir ganz Europa féieren!*

*Déi Situatioun an där Europa an d'ganz Welt sech de Moment befannen ass nit nëmmen ugespaant, mee méi wéi explosiv!*

*An enger rezenter Entrevue mat eisem Ausseminister, dem Frënd Jean Asselborn ass dat mer nach vill méi bewosst ginn.*

*Dass Moldau an d'Ukräin lo als offiziell Bäiträttskandidaten zur EU erklärt ginn sinn, ass ee staarkt Zeechen, mee d'Konsequenzen dervun sinn awer och nach nit richtig ze bemoossen.*

*Mir kommen aus enger sanitärer Kris eraus, déi mer bis dato och nit sou kannt hunn a schlidderen ëmmer méi ang eng militärisch eran, wou keen den Ausgank kennt!*

*Dat sollen mer wëssen, op engem Dag wéi haut an duerfir schéngt ett mer grad elo, kruzial wichtig an richtig ze sin, eis nei op eis Heemecht besënnen.*

*D'Heemecht, daat ass déi Landschaft an déi Regioun mat där de Mënsch sich duerch d'Gebuert, Traditioun an Liewensweis besonnesch verbonnen fillt, an där seng Perséinlichkeet maassgeblich geprägt gin ass an seng éischt sozial Bezéihungen zustaanen komm sin.*



*Ett brauch een also keen onverbesserlichen Optimist ze sin, fir riichteraus festzestellen, dass mir Lëtzebuerger am groussen ganzen all Ursaach hun, äis iwwert eis Fräiheet ze fréen, glécklich iwwert eisen Fridden ze sin, an houfrich op eisen Wuelstand, deen,daat daarfen mir trotzdem nit iwwersin, ufänkt ze brékkelen.*

*Duerfir ass ett wichtig op alle Gebidder ze héllefen an ze kämpfen, dass mir eisen Niveau haalen an eise Kanner a jonken Leit eng Heemecht verierwen, an där ett derwärt ass ze liewen.*

*Ett kann nit dachs genuch gesot gin, dass déi grouss demokratisch Werter kengem Land vum selwen an de Schouss faalen, am selwechten Gedanken läit och d'Iwwerleeung, dass eeen däss Werter nit kann op éiweg behalen, ouni sich selwer derfir anzesetzen, an zwar nit nëmmen heiheem, mee iwwerall do, wou se vun egal watfirengen totalitären Systemen niddergewalzt gin.*

*Duerfir verfollegen mer mat groussem Respekt, awer och mat enger gewësser Angscht, den Kampf vun der Populatioun a Syrien, Afghanistan an an der Ukräin.*

*Mir alleguer wëssen dass deen Match nit gewonnen ass an mir wëssen virun allem, dass wann d'Nato impliziéiert ass, mir nit wäit dervun sin.*

*Mir wëssen och, dass duerch däss Evolutioun an déi vill Katastrophen ronderëm d'Welt, wéi Erdbeben, Tsunamien an aaner Emweltdisasteren, d'Energie, d'Liewensmëttel, d'Ueleg- a Baupräisser klammen an d'Problemer doduerch och heiheem éischter méi grouss gin.*

*An esou enger Situatioun ass eng aal Qualitéit nei gefrot, déi mer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer ze praktizéieren woussten wann ett drop ukomm ass, nämlech déi vun der Solidaritéit.*

*Daat hun mer an de Krisenjoeren 1974-80 nei duerchexerzéiert an daat wärten mer och nach emol däss Kéier packen.*

*Mir sollten doriwwer eraus déi eropkommend Geforen fir nei kritesch Situatiounen nit aus den Ae verléieren an mir sollten och keen Ament d'Suergen an d'Schaffen fir déi Matbierger vergiessen loossen, déi duerch iergendeng Ursaach nit gudd dru sin an e Recht op eis Héllef hun.*

*An der Press héieren an liesen mir all Daag vun Vergläicher mat dem Ausland an mir mussen der E'ierlechkeet halber soen, dass eist Land nit schlecht ofschneit, och wann doriwwer déi Problemer nit daarfe vergiess gin, déi ett bei eis nach ze léisen gëllt.*

*Nieft deenen bekannten Themen wéi d'Sanéierung vun den öffentlichen Finanzen, dem Finanzéieren op d'laang Siicht vun de Pensiounen an der Gesondheetskees, dem bezuelbaren Wunningsraum, dem Kampf géint d'Aarbechtslosigkeet, de Problemer vun eisen Jugendlichen an der Emweltproblematik geet ett virun allem drëm déi sozial Kohäsioun ze erhaalen, och an enger Gemeng wéi eiser, déi ëmmerhin 42 verschidden Nationalitéiten zielt.*

*Den Undeel vun den ausländischen Matbierger läit an eiser Gemeng bei 22%, landesweit bei bal 50% an doduerchter och, kritt den lëtzebuergischen Nationalfeierdaag eng ganz aaner, méi vielfältig Dimensioun.*

*Ett ass nit méi d'Fest vun de Lëtzebuerger eleng, mee de Festdaag vun engem multikulturellen Vollek, daat Lëtzebuerg zu deem gemeet huet, waat ett haut ass: eent Land, waat trotz unhaalender Wirtschaftskris op relativ zolidden Féiss steet an wou ett sich lount ze liewen an ze schaffen.*

*Dir Dammen an dir Hären,*

*Waat um nationalen Plang geschitt, spiggelt sich desöfteren och an de Gemengen erëm.*

*Mat eisen 2050 Awunner zielen mir nit zu deenen groussen Gemengen am Ländchen an dach bréngen mir ett färdeg d'Liewensqualitéit nach weider ze verbesseren an eis Dierfer ze verschéineren.*

*Mir versichen trotz héigen Investitiounen an d'Schoul, d'Maison Relais, den Kanal-a Stroossenbau an den Ënnerhalt vun de bestenden Gebäier mat den neien Technologien vun erneierbaren Energien Schrëtt ze haalen an kontinuierlech auszebauen.*

*Mir setzen eis an fir d'Emwelt an den Naturschutz am Aklang mat eiser Landwirtschaft, fir proppert Waasser an Spillplaatzen fir eis Kanner, fir eng Opwertung vum*

GEMENG









*Tourismus an fir een méi noen biergerfrëndlichen Service an der Gemeng.*

*Den Scheffen-a Gemengerot mecht eng gudd Aarbecht an ett soll op dësem Daag och mol emol erlaabt sin, hinnen all Merci ze soen fir eng engagéiert Aarbecht am Dingscht vun eisen Bierger.*

*Daat trëfft och op all déi Benevol aus den Veräiner zou, ouni deenen hir Präsenz an hiren Devouement den Nationalfeierdaag an eiser Gemeng stompig an farblos wier.*

*Merci duerfir den Pompjeen, Musiken an Gesank, dem Här Paschtouer, dem Organist an Dirigenten, eiser Kulturkommissioun fir d'Organisatioun vum Dag, allen Vertrieder aus den Veräiner an iech alleguerten, déi der hei sidd.*

*Léif Matbiergerinnen a Matbierger,*

*D'Geschicht léiert eis dass d'Lëtzebuerger ett bis dato färdeg bruecht hun, dann zesummenzerëkkelen, wann ett néidig war.*

*Loosse mer och weiderhin déi Eenheet dokumentéieren an eis op daat besënnen, waat eng Natioun an een Land sou staark mecht: d'Fräiheet, d'Onofhängigkeet, de sozialen Fridden an d'Gerechtigkeet.*

*Eisen Grand-Duc an déi groussherzoglich Famill verdingen eise Respekt an eis Unerkennung.*

*Si sin de Garant, haut wéi gëscht, dass d'Lëtzebuerger eng Heemecht hun a behalen, an där een Nationalfeierdag seng déifste Bedäitung an déi gréisste Grondwerter huet, fir déi ett sich ëmmer lount ze schaffen an ze liewen.*

*Chers citoyens,*

*Notre fête nationale n'est ni l'occasion de nous souvenir de victoires remportées, ni de nous réjouir dans un nationalisme étroit ou effréné ; nous voulons tout simplement, mais honnêtement exprimer notre satisfaction de prendre part dans l'indépendance, à la sauvegarde des grandes valeurs sur lesquelles reposent les principes des pays réellement démocratiques : la paix, la liberté et le respect.*

***Vive de Grand-Duc an seng Famillgen,***

***Vive eis Gemeng,***

***Vive eis Heemecht,***

***Vive Lëtzebuerg.***

# Interview – neit Gemengepersonal an der Maison Relais



Meng Missioune wäerte sinn, de Kanner passend Aktivitéiten unzebidden, déi si an hirer Entwécklung ënnerstëtzen a fuerdere sollen.




R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, …) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

A.R. Mäin Numm ass Angie Reding, ech si 24 Joer al a kommen aus der Gemeng Réiden. Ech sinn dëst Joer mat menger Ausbildung als Educatrice diplomée fäerdeg ginn, déi ech am LTPES zu Miersch gemaach hunn. Meng Haaptaufgab an der Gemeng ass et, Kanner an der Maison Relais ze encadréieren.

R.R. Firwat wollts du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

A.R. Ech well gäre bei Iech an der Gemeng Useldeng schaffen, well et mir wichteg ass um Duerf ze bleiwen a soumat och no bei menger Heemecht ze sinn. Dobäi bitt d'Gemeng Useldeng opgrond vu senger Lag, genuch Geleeënheeten un, mat de Kanner Naturerfarunge maachen ze kënnen, Erfarungen, déi ech fréier als Kand um Duerf och maache konnt an déi menger Meenung no bedeitend fir Kanner sinn. Meng Missioune wäerte sinn, de Kanner passend Aktivitéiten unzebidden, déi si an hirer Entwécklung ënnerstëtzen a fuerdere sollen. Ech wäert si an hirem Alldag begleeden an hinnen zu all Moment als Bezuchspersoun zu Verfügung stoen. Hei ass et essentiell mat de Kanner op Aenhéicht ze kommunizéieren.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

A.R. Eng besonnesch Erausfuerderung, där ech mech stelle muss, ass virun allem, dass ech nei an d'Beruffswelt eraklammen. Mee ech si motivéiert an ech freeë mech vill Experienze sammelen ze kënnen. Doriwwer eraus muss ech alle Bedürfnisser vun de Kanner gerecht ginn.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

A.R. A menger Fräizäit ënnerhuelen ech gären eppes mat der Famill a Kolleegen. Wann d'Wieder matspillt, da ginn ech stand-up paddelen. Zousätzlech Hobbye sinn och nach liesen, schwammen a wanderen.

---

R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, …) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

K.D. Mäin Numm ass Decker Kim, ech hu 27 Joer a wunne säit 2009 hei an der Gemeng. Ech hunn als Éischt d'Ausbildung vum Auxiliaire de vie gemaach, wou ech scho ganz vill Erfarungen am soziale Beräich sammele konnt. Ee Joer drop nom Absolvéiere vum Auxiliaire de vie, hunn ech mech dunn nach dozou decidéiert, den Educateurs Diplom en Alternance ze maachen. Wärend deenen 3 Joer hunn ech Schoul an Aarbecht weiderhi matenee verbonnen, woumat ech weider Erfarungen am praktesche wei och am theoretesche Beräich sammele konnt. Elo hei zu Useldeng op der Gemeng wäerte meng Aufgabe sinn an der Maison Relais d'Kanner virun an no der Schoul an hirem Alldag ze ënnerstëtzen an ze betreien, soumat d'Wuel vum Kand am Mëttelpunkt steet.

R.R. Firwat wollts du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

K.D. Ech wollt gären hei op der Gemeng schaffen, vu dass ech jo selwer an der Gemeng wunnen, a mir d'Maison Relais „Bei de Fliedermais" deemno scho bekannt war. Mir gefält den Opbau an d'Konzept gutt, soudass ech mir gutt konnt virstellen do ze schaffen. Ech erwaarde mir eng gutt Zesummenaarbecht mam neien Team, a mech selwer nach a menge Kompetenze weider entwéckelen ze kënnen.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

K.D. Fir mech ass et eng Erausfuerderung an der Maison Relais ze schaffen, well ech elo déi éischt Aarbecht als „Educatrice diplomée", uginn, wou ech mäin theoreetescht Wëssen, wat ech nach ganz frësch aus der Schoul matbréngen an och meng praktesch Erfarungen, déi ech well bis elo gesammelt hunn, ëmsetzen an erweidere kann.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

K.D. A menger Fräizäit verbréngen ech gär Zäit an der Natur, gi spadséieren, si vill mat mengen Hënn ënnerwee a ginn och gär lafen. Ech ënnerhuele vill mat der Famill a menge Frënn. Ausserdeem ass reesen eng grouss Leidenschaft vu mir.

Fir mech ass et eng Erausfuerderung an der Maison Relais ze schaffen, well ech elo déi éischt Aarbecht als "Educatrice diplomée", uginn...




R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

S.R. Mäin Numm ass Roderes Shana Kamyra ech sinn 20 Joer al a sinn zu Esch gebuer a wunnen och do.

Ech hunn am September 2018 bis Mai 2021 meng Leier als Auxiliaire de Vie gemach, a schaffe momentan zu Reiden an der Maison Relais.

Meng Aufgaben an der Maison Relais vun der Gemeng Useldeng sinn, dass ech weiderhi Kanner betreien, hinne bei hirem Entwécklungsprozess hëllefen, si fërderen an hire Stäerkten. An dat allerwichtegst ass dass hire Bien-être respektéiert gëtt.

R.R. Firwat wolls du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

S.R. Ech well gäre fir Gemeng Useldeng schaffen, well ech dovunner ausginn, dass ech vill leiere kann an och mech ob eng Zukunft hischaffe kann wat mech a puer Joer betréfft. Ech erwaarde mir eng oppe Kommunikatioun, dat ass den A an O. Ënneranerem erwaarden ech mir Teamwork, dass net géintenee geschafft gëtt, mee mateneen. Jiddereen huet seng Stäerkten a Schwächen a wann en Récksiicht ob déi hëlt, da kann Teamwork immens gutt funktionéieren.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

S.R. Déi besonnesch Erausfuerderung fir mech ass, datt ech erëm eng ganz Réi nei Kanner kënnenleiere wäert mat ënnerschiddleche Stäerkten a Schwächen an eng ganz nei Equipe, trotzdeem huelen ech déi nei Erausfuerderung a Kaaf a freeë mech drop.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

S.R. An menger Fräizäit fueren ech ganz vill Moto, gi vill Trëppelen a reesen och gäre. Am Wanter iwwer ginn ech vill Schlittschong fueren.

An dat allerwichtegst ass dass dat de Kanner hire Bien-être respektéiert gëtt.



# JSKU – aktiv in und für die Gemeinde

Seit unserer Trëppeltour „Useldeng bougéiert - Editioun Rippweiler“, die wir kurz in der letzten Ausgabe des RIPEVUSCHs vorgestellt hatten, war die Jugend- an Sportskommissioun weiterhin aktiv.

Am 15. Mai fand ein Workshop im Disco-Fox statt. Leider konnten wir nur wenige Paare für die 3stündige Tanzaktivität gewinnen. Diese füllten aber den Iwerlenger Centre Culturelle mit jeder Menge Spaß, Konzentration, gemeinsamen Anstrengungen und guter Stimmung. Und am Ende wurde (mehr oder weniger) gekonnt zu heißen Disco-Rhythmen über die Tanzpiste gewirbelt.

Am 31. Juli starteten wir wieder mit einer Gruppe in Richtung Stausee zum Standup Paddling. Dieses Jahr konnten die Teilnehmer*innen bei warmen Temperaturen und vollem Sonnenschein ihr Gleichgewichtsvermögen und sportlichen Ehrgeiz beim Erkunden des Sees und bei verschiedenen Spielen beweisen. Wie bereits in den letzten Jahren kam die Equipe nach 2,5 Stunden auf /und im Wasser in bester Laune zurück.

Außerdem wurde bis zur ersten Woche im Juli wie immer donnerstags in den beiden Tanzkursen getanzt. Für das nächste Schuljahr können wir wieder 2 Kurse organisieren. Es wird einen neuen Anfängerkurs und einen Fortgeschrittenen Kurs geben, dieses Jahr in Zusammenarbeit mit der Manukultura Useldeng. Die Kurse werden wieder donnerstags von der JSKU organisiert und unter der Leitung von Vladka Perl stattfinden. Weitere Informationen können der nächsten Ausgabe des Manukultura-Programms entnommen werden. Die JSKU hofft noch mehr Menschen in der Gemeinde für den Tanzsport begeistern zu können.

Ein weiterer Termin ist die Sportlerehrung der Gemeinde. Nach der sehr ungewöhnlichen Situation der letzten beiden Jahre haben in der vergangenen Saison wieder viele Sportarten mehr oder weniger normal stattgefunden und Gemeindemitglieder konnten ihre sportlichen Leistungen zeigen. Diese sollen am 12. Oktober honoriert werden. Sollten sie sportliche Erfolge gefeiert haben, melden sie sich bitte bei uns.

Text: Christel Gottschalk
für die Jugend- an Sportskommissioun Useldeng








# Sportifs méritants 2022

La Commune d'Useldange veut honorer les sportifs méritants qui habitent et/ou qui évoluent dans la Commune. Cette cérémonie aura lieu mercredi le 12 octobre 2022 à 18.30 heures à la buvette du centre scolaire/sportif « Weidfeld » 41, rue de Schandel à Useldange.

Pour ce faire, la Commission des Sports a élaboré un règlement pour garantir un traitement juste et équitable de tous les habitants.

Vous trouvez ci-joint ce règlement ainsi que le formulaire nécessaire. Pour les sports individuels, le sportif lui-même peut envoyer la demande. Pour les sports collectifs, cette demande doit être envoyée par un membre du comité du club sportif.

Veuillez envoyer la demande jusqu'au 1er octobre 2022 au Président de la Commission des Sports et de la Jeunesse:

**Claude Rieff**
**claude.rieff@useldeng.lu**
**8, an Laichend | L-8715 Everlange**

**Règlement**

Pour qu'un sportif (m/f) ait le droit d'être honoré par l'Administration Communale il doit remplir certaines conditions:

## Pour les sports individuels (membres actifs)

1. Avoir son domicile dans la Commune d'Useldange ou être membre d'un club sportif ayant déposé ses statuts à l'Administration Communale de Useldange. Sont considérés comme club sportif tous les clubs adhérant à une fédération-membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL).
2. Avoir obtenu des résultats significatifs, c.àd. s'être au moins classé dans les trois premiers d'une compétition nationale ou une fois dans les cinq premiers d'une compétition internationale. Est considérée comme compétition nationale toute épreuve organisée par une fédération – membre du COSL reconnue comme telle par celui-ci figurant sur le plan des compétitions de la fédération. Est considérée comme compétition internationale toute épreuve organisée par une fédération étrangères membre du Comité Olympique International.
3. Avoir obtenu un titre de champion luxembourgeois (Minimum 3 participants).
4. Être sélectionné dans une sélection nationale ou olympique.
5. Avoir réalisé lors d'une compétition nationale ou internationale une meilleure performance nationale de l'année ou avoir réalisé un record national.

## Pour les sports collectifs

1. Sont considérées comme sociétés sportives tous clubs adhérant à une fédération-membre du COSL et ayant déposé leur statut à l'Administration Communale de Useldange.
2. Avoir réussi la montée dans une division supérieure avec une de ses équipes ou être au moins demi-finaliste d'une coupe fédérale. La montée doit être la conséquence de résultats sportifs et non la suite d'une décision fédérale, par exemple la création de nouvelles divisions.
3. Avoir obtenu un titre de champion luxembourgeois (Minimum 3 équipes participantes).

## Pour un mérite exceptionnel

1. Tout club sportif peut proposer des membres licenciés, sortis de ses rangs, qui se sont fait remarquer par un Engagement ou par un geste exemplaire qui sert l'idée sportive.
2. Tout club sportif peut proposer des personnes qui se sont engagés depuis au moins 20 ans au sein du club.
3. Tout exploit sportif exceptionnel ou geste de fair-play d'un sportif ou d'un club sportif (remplissant les conditions sub A1 et sub B1) peut être communiqué à la Commission des Sports. La commission étudie la Proposition et décide de son évolution.
4. Toute proposition d'un mérite sportif exceptionnel, proposée par un ou plusieurs membres de la Commission, est prise en considération. Toute demande doit être accompagnée d'un certificat attestant des résultats évoqués. La Commission des Sports soumet ses propositions et avis au collège échevinal, qui en décide en dernière instance.

# Demande pour honorer un sportif méritant (m / f) de l'année 2022

**Demande pour honorer un sportif méritant (m / f) de l'année 2022**

Le soussigné (m/f)

Nom et prénom : ........................................

Adresse : ........................................

Code post. et localité : ........................................

Téléphone : ........................................

Fax : ........................................

**demande par la présente à honorer un sportif méritant dans la catégorie suivante :**

a) Pour les sports individuels

Nom et adresse du sportif : ........................................

Exploit : ........................................

........................................

b) Pour les sports collectifs

Dénomination de l'équipe : ........................................

Exploit : ........................................

........................................

c) Pour un mérite exceptionnel

Nom et adresse du sportif : ........................................

Exploit : ........................................

........................................

La présente est accompagnée d'un certificat attestant le/les résultat(s) évoqué(s).

L'exploit a été réalisé suivant les critères du règlement pour sportifs méritants de la commune d'Useldange.

Useldange, le ........................ Signature : ........................

GEMENG

# Maison Relais bei de Fliedermais



E klengen **Abléck** an déi verschidden Atelier'en...







Zesummen mam **Sportskrees** huet M.R. een Crashcours organiséiert deem de Kanner een sécheren Ëmgang mam **Vëlo** am Strooseverkeier erméiglecht. Zum Ofschloss ass en flotten Vëlostour organiséiert gi, an nom engem gudden Maufel krut all Kand och en Zertifikat iwwerreecht.

Fir **Primaner aus dem Cycle 4.2** ...









... um Enn vum Joer un de Lycée ze entloossen huet M.R. zesummen mat hinnen e puer flott Stonnen mat Bowlingspillen verbruecht. E gutt Stéck Pizza huet natierlech och net duerfen feelen.

**Summeraktivitéiten** stoungen dëst Joer am Zeechen vun der **Kiermes**.








Mee domat net genuch. Als Ausgläich zu hiren Atelier'en, sinn Kanner op verschidden Ausflich entfouert gi. Zieler waren z.B. de **Park Monde Sauvage** an der Belge an den **Eifelpark** an Deitschland.







Text: Thessy, Dally
Foto'en: Maison Relais

# Den Ierfgroussherzog op Besuch zu Useldeng





De 14. Juli hat eise Buergermeeschter déi grouss Éier, eisen Ierfgroussherzog a seng Madamm, fir eng privat Visitt op der Gemeng a Presenz vun eisem Minister Marc Hansen a senger Madamm ze empfänken.

D'Ierfgroussherzoglech Koppel war begeeschtert vun der wonnerbarer Buerg an eiser schéiner Gemeng!

# Margot Guth- Hemes fühlt sich mit 95 noch wohl



Gut gelaunt und mit dem nötigen Humor blickte Margot Guth-Hemes, die seit Februar 2019 ihren Lebensabend im Home Saint-François in Redingen/Attert verbringt, auf 95 erfüllte Lebensjahre, zurück. Die Jubilarin erblickte das Licht der Welt am 6. Juni 1927 in Boewingen/Attert, als jüngste Tochter von drei Kindern der Eheleute Henri Hemes und Catherine Wagner. In ihrer Jugendzeit arbeitete Margot Hemes bis 1947 in der Lackfabrik in Useldingen. Die Heirat mit Nicolas Guth aus Bockholtz, der in der damaligen Kiesgrube Federspiel in Reichlingen und später im Kohlen- und Brennstoffbestrieb Ehlinger in Luxemburg beschäftigt war, fand am 7. Juni 1947 statt. Das Paar lebte nach der Heirat gemeinsam mit ihren vier Töchtern in Everlingen. Vier Enkel- und zwölf Urenkelkinder zählen heute zur Familie Guth. Ehemann Henri verstarb leider am 28. Juni 1989.



Im Rahmen einer sympathischen Feierstunde im Redinger Altenheim kamen die Glückwünsche im Namen der Direktion vertreten durch Schwester Benedikta, Françoise Erpelding, Mike Heintz und François Guillaume Wahl. Auch Bürgermeister Pollo Bodem mit Schöffe Pierre Da Silva waren mit einem schönen Blumenarrangement erschienen, um Margot Guth-Hemes seitens der Gemeindeverwaltung Useldingen zum 95. Wiegenfest herzlich zu gratulieren. Zusammen mit der Familie wurde auf weitere gesunde und zufriedene Jahre angestoßen.

Foto & Text: Charles Reiser

# Offiziell Aweiung vum Foyer Atert





D'Familljen- an Integratiounsministesch Corinne Cahen, de Buergermeeschter, souwéi de Schäffe Christian Frank, de Präsident Dr. Michel Nathal, vum CHNP Verwaltungsrot an d'Direktesch vun der Eenheet „de Park“, Carmen Rechen, hunn de 4. Juli 2022 déi nei Wunnstruktur zu Useldeng offiziell ageweit.

Mat enger Notzfläch vun 1700 m2 a 34 Better bitt de „Foyer Atert“ en neie Wunn- a Liewensraum fir Leit mat enger chronesch psychescher Beanträchtegung. Dës Leit brauchen an hirem Alldag eng ganz besonnesch Betreiung, wat hei an allen Aspekter erfëllt gëtt.

D'Haaptzil besteet doran, déi betraffe Leit an hirer Selbstännegkeet ze ënnerstëtzen, fir dass och si eng Plaz an der Gesellschaft fannen. Mat Respekt an Toleranz gëtt de Bewunner hei e maximum un Autonomie erméiglecht. D'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Bewunner steet am Virdergrond.



Fotoen: Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région

# Aktuelles vom Castleride-Treff!



Unser Castleride-Treff ist mittlerweile auf stolze 24 Personen angewachsen, wobei bei jeder Tour in der Regel zwischen 4 und 10 Teilnehmer am Start sind.

Meistens machen wir Sonntagvormittags attraktive Touren (30 – 50 Km) in der näheren Umgebung, aber auch im weiteren Umkreis, was dann eine Anfahrt mit dem Auto erforderlich macht. Die meisten Teilnehmer sind mit dem E-Bike unterwegs. Und sollte einem Mal die Batterie ausgehen, hilft man sich natürlich gegenseitig (siehe Foto). Wir haben immer viel Spaß zusammen und am Ende jeder Tour gibt es selbstverständlich den obligatorischen „Patt ze drénken“!

Wer also jetzt Interesse am Castleride-Treff gefunden hat und ab und zu mal mitfahren möchte, kann sich gerne unserer Whattsapp-Gruppe anschließen, indm er/sie eine E-Mail an thomas.volkening@education.lu sendet, mit Angabe der Telefonnummer. Wer jemand kennt, der bereits zur Gruppe gehört, kann sich natürlich auch an diese Person wenden, um neuer Teilnehmer vom Castleride-Treff zu werden.

Ich werde ihn/sie dann in unsere WhatsApp-Gruppe aufnehmen.

Über die WhatsApp-Gruppe bekommt man dann immer Information, wer wann eine Tour plant.

**VTT Castleride Randonnée 2023**

Die Planungen für die 6. Auflage vom VTT Randonnée Castleride Useldeng laufen bereits. Sie wird Ende April/ Anfang Mai 2023 stattfinden. Die Strecken werden uns diesmal voraussichtlich in Richtung Stausee führen.

Um euch einen Eindruck zu verschaffen besucht gerne mal unsere Homepage: **www.castleride.lu**

CASTLE RIDE USELDENG

Text: Thomas Völkening

# Schandeler Kiermess



E puer schéi Momenter an ee grousse Succès konnten d'Schandeler Duerffrënn dëst Joer op der zweeter Editioun vun hirer Kiermes verzeechnen, déi de Weekend vum 11. an 12. Juni zu Schandel am Duerfkär stattfonnt huet.

Obwuel et ëmmer méi schwéier gëtt, hei am Land d'Forainen vun eiser klenger Kiermes ze iwwerzeegen, hu mir et fäerdegbruecht, deen een oder aneren op Schandel ze kréien, sou z.B. eng Intebud, eng Confiserie an dëst Joer nei, een Trampolin. Mat engem Sprangschlass, engem Parcours mat Spilltrakteren an engem Koup Sand mat Spillsaachen hu mir de Site nach ausgebaut.

Fir Iessen an Drénke war och gesuergt, soudass jiddereen ee puer flott Momenter mat Kolleegen op der Kiermes konnt verbréngen.

De ganze Weekend vun der Kiermes war d'Duerfstrooss zu Schandel gespaart, wat dat Ganzt nach méi gemittlech a stressfräi gemaach huet. Duerfir ee grousse Merci un d'Gemeng an un d'Gemengenaarbechter, déi eis dat erméiglecht hunn. Merci soe mir och eise Sponsoren, de Forainen, déi de Wee op Schandel fonnt hunn an der Metzlerei Kohnen vun Suessem fir d'Kiermesham, déi de Weekend verspillt gouf an iwwregens bis op Kiemen gaangen ass. Do gesäit ee schonn, vun wou d'Leit aus dem Land komm sinn, fir d'Schandeler Kiermes ze feieren.

Merci och un all déi Leit, déi gehollef hunn oder hier Hëllef ugebueden hunn, déi déi d'Kiermes besicht hunn an all déi aner, déi dozou bäigedroen hunn, fir dat Ganzt ze erméiglechen.

Net ze vergiessen ass och eise flotten Trëppeltour, dee mir zwou Woche virun der Kiermes gemaach hunn, fir d'Schëlder ronderëm d'Duerf opzeriichten.

Och hei sief nach eemol drun erënnert, dass déi Trëppeltier reegelméisseg am Duerf gemaach ginn, näischt kaschten a sech just dobaussen an der Natur ofhalen. Grouss a Kleng, op vu Schandel oder aus den Nopeschdierfer, sinn häerzlech wëllkomm, fir um Tour deelzehuelen.

D'Kiermes fält d'nächst Joer, wéi traditionell virgesinn, eng Woch no Péngschten, op den 3. a 4. Juni. Een Datum, deen elo schonn am Kalenner ze notéieren ass.




Text: Cliff Englebert

# Pompjeesfrënn Useldeng

## Jugendrallye zu Mertert-Grevenmacher

Samschdes, den 9. Juli 2022, war d'Jugendunitéit vum CISUS op ee flotte Rallye, dee vun der Jugendekipp aus dem CISGM - Centre d'incendie et de secours Grevenmacher – Mertert organiséiert gouf. Opgedeelt an 3 Ekippen hu mir un engem Tour vu ronn 6 km un der Musel eist Kënnen a Wësse bei ofwiesslungsräichen an interessante Spiller ënner Beweis gestallt. Dofir goufen eis Jugendpompjeeë mat 3 flotte Couppe fir déi 17., 14. a 4. Plaz belount!

Ee grousse Merci un d'Organisateure fir déi flott Aktivitéit - d'Kanner haten ee coolen Nométteg.










## Familljefest zu Useldeng

Sonndes, den 10.Juli 2022, hunn d'Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng op hiert 2. Familljefest am Pavillon niewent dem Futtballterrain invitéiert. Fir eise Membere Merci fir deen onermiddlechen Asaz ze soen, hu mir eis kuerz virun der Summervakanz getraff, fir e puer gemittlech Stonne mateneen ze verbréngen.

Nom exzellente Méttegiessen gouf een Duell tëschent de Jugendpompjeeëën an den Erwuessenen ofgehalen. A verschiddenen Disziplinnen (Stiwwel geheien, Lego zesummebauen, asw) si mir géinteneen ugetruedenen.

Wärend deem ganzen Nométteg stoung ee Pompjeessprangschlass fir kleng a manner kleng zur Verfügung an opgrond vun den héijen Temperaturen ass déi eng oder aner Waasserschluecht och net ausbliwwen. Alles an allem hunn eis Memberen ee flotten Nométteg zesumme verbruecht.

## Porte-Ouverte fir de Club des Jeunes

Donneschdes, den 28. Juli, huet de CIS Useldeng eng kleng Porte-Ouverte organiséiert, wou mir de Club des Jeunes Useldeng an de Club des Jeunes Rippweiler invitéiert hunn. Zil vun dësem Owend war et deene Jonken d'Pompjeeswiese méi no ze bréngen an eventuell deen een oder aneren ze iwwerzeegen, fir sech als fräiwëllege Pompjee a senger Gemeng ze engagéieren.

Dofir hunn déi aktiv Pompjeeën aus dem CISUS zwou Asazübungen duerchgefouert. Engersäits e Brandasaz, wou et drëms gaangen ass, eng Victime aus engem brennenden Haus ze retten an anerersäits engem Verkéiersaccident, wou eng Victime aus engem Camion huet misse gerett ginn. Déi Jonk hunn dëst interesséiert verfollegt. Ofgeschloss gouf mat engem 3. Asaz um Grill a bei der Zapanlag. Hei konnten déi Jonk etlech Froen zum Pompjeeswiese stellen, déi si vun den aktive Pompjeeë beäntwert kritt hunn.

Text: Max Koster

# Indiaca Nethoppers Useldeng

**Hei e puer News zum Ofschloss vun eiser Saison:**

Nodeems eis Dammen-Equipe leider am Mäerz an der Coupe géint Colmar verluer hat, si mir den 18.6. an der Coque de Klierfer Dammen am Match ëm d'Bronzemedail iwwerleeë gewiescht an hunn domat di 3. Plaz an der Coupe beluecht.

Eis Hären-Equipe ass ugetrueden, fir ëm Bronze ze kämpfen, leider goung et géint Colmar nët duer a mir hu knapp di 3 Plaz verpasst.

Eis Mixte-Equipe hat et bis an d'Final gepackt, wou si géint eng staark Bettenduerfer Equipe hu missen untrieden. Mir sinn awer stolz op d'Sëlwermedail vun eiser Mixte-Equipe.

Du stoung fir 2 Spiller (Pascal Feltes, Mike Schoos) an 1 Spillerin (Tania Theis-Hubert) aus den Useldenger Reien d'Indiaca-WM an der Coque vum 2.–6. August um Programm. No villen Trainingen an enger flotter Eréffnungsfeier goung et mëttwochs, den 2.8. mat de Qualifikatioune lass. Eis Leit sinn an der Hären- an an der Mixte-Senior (Ü 40)-Equippen ugetrueden. D'Mixte Senior-Equipe konnt sech géint d'Schwäiz a géint Estland 2–0 behaapten. De Match géint Däitschland war haart ëmkämpft an eis Equipe huet ganz knapp am 3. Saz 27–25 verluer. Domat hate si sech awer fir d'Halleffinall qualifizéiert. Dee selwechten Dag hunn och d'Dammen an d'Hären Open gespillt, och dës Equippe konnten sech fir d'Halleffinall qualifizéieren.

Den 3.8. waren d'Qualifikatiounsmatcher vun der Mixte Open an den Hären Senior, an och do konnte sech all d'Lëtzebuerger Equippe fir d'Halleffinall qualifizéieren. D'Hären Senior hu sech 2–0 géint d'Schwäiz a géint Estland duerchgesat, awer géint Däitschland een 0–2 missen unhuelen.

Den 3ten Dag stoungen d'Halleffinallen um Programm. Ënnerstëtzt vun engem fantastesche Publikum, wat alles ginn huet fir d'Lëtzebuerger Spiller unzefeieren, hunn d'Mixte Senior (25–16/ 25–22) an d'Hären Senior (25–20/ 25–16) et gepackt sech jeeweils 2–0 géint d'Equippen aus Estland duerchzesetzen. D'Open Equippen hunn sech an den Halleffinallen géint staark Géigner misse geschloë ginn, woubäi et bei de Männer ganz knapp war (25–20/ 30–32/ 19–25).

Mat enger mega Ambiance am Gymnase vun der Coque sinn dunn e Samschden, 6. August, eis Mixte Senior an eis Hären-Senior an der Finall géint Däitschland ugetrueden.




D'Hären hu sech, wéi an der Virronn, enger staarker däitscher Equipe misse geschloe ginn.

D'Mixte Equipe war op eng Revanche aus a wollt sech d'Goldmedail huelen. Di staark däitsch Géigner hunn alles ginn an dogéint gehalen, soudatt si den 1. Saz knapp 25-23 zu hire Gonschten entscheet hunn. Lëtzebuerg huet net opginn a weider op seng Equipe gesat, déi mat vollem Asaz weider gespillt huet a sech sou den 2. Saz 25-22 geholl huet. Béid Equippen hu sech näischt geschenkt, weider gekämpft an alles ginn. No engem immens spannenden an haart ëmkämpften 3. Saz konnt sech di Lëtzebuerger Mixte Senior-Equipe

25–21 duerchsetzen a gouf vun hire Supporter als neie Weltmeeschter gefeiert.

Mee net nëmmen 3 Useldenger Spiller waren di ganz Woch op der WM aktiv, och nieft a ronderëm den Terrain war Useldeng aktiv. Sou huet den Tom Pletschette eis bei den Arbitter vertrueden, d'Candy Steffen an d'Diane Schoumacher waren als Linieriichter aktiv an d'Stephanie Dusemang huet am Catering gehollef. An natierlech waren och am Publikum Useldenger Spiller vertrueden an hu gejaut, geklatscht a geklibbert fir Lëtzebuerg unzefeieren.

Text: Tania Theis

# Medailleniwwerreechung vum CGDIS, CIS-Useldeng

Den Här Hoffmann Christophe krut d'Medaille du Mérite de la Sécurité Civile en bronze pour 10 ans de Service iwwerreecht an den Här Loos Martin krut de Chevalier dans l'Ordre de Mérite iwwerreecht.

D' Medaillë goufe vun der Inneministesch Taina Bofferding an dem Generaldirekter Paul Schroeder vum CGDIS a Presenz vum Buergermeeschter Pollo Bodem am European Convention Center um Kierchbierg iwwerreecht.



VERÄINSLIEWEN

# Harmonie Useldeng

## Jugendensembel zu Mäerzeg

Sonndes, de 5. Juni 2022, huet de Mäerzeger Jugendensembel op hire Festival vun der Jugendmusek invitéiert. Am Centre Turelbach huet de Jugendensembel vun der Useldenger Musek ënnert der Leedung vum Karin PICK e puer Stécker gespillt. Niewent der Useldenger Musek waren och déi Jonk vun Noumer, Feelen an Mäerzeg vertrueden.

## Ofschlossconcert 2022 am Buerghaff zu Useldeng

Freides, de 15. Juli, huet d'Useldenger Musek op hiren traditionellen Ofschlossconcert invitéiert. Am Buerghaff hu si hirem treie Publikum, deem mir op däser Platz Merci soe fir déi gutt Ënnerstëtzung wärend der Saison, musikalesch verwinnt.

Ugefaange mat deene ganz Klengen, wousst duerno de Jugendensembel mat engem Disney-Medley ze iwwerzeegen.

Nom Optrëtt vum Jugendensembel gouf nach dovu profitéiert, fir enger Jugendmusikantin eng nei Flute zur Verfügung ze stellen. Dëst Instrument gouf gesponsert vu Real Estate Chameleon vum Briddel. Si waren duerch de Serge Rollinger vertrueden, deen dëst Instrument offiziell un d'Useldenger Musek iwwerreecht huet. Mir soen him ee grousse Merci fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung an d'Jugendaarbecht vun eiser Musek.

Duerno ass et viru gaange mam Programm: Ugefaange mat Bluesrock vum Eric Clapton bis eriwwer zum däitsche Schlager mam Helene Fischer an engem Tour duerch d'8oer Joren. Een Extrait aus dem Galaconcert mam Led Zeppelin huet awer och net dierfe feelen.

Ofgeschloss gouf mam Boulevard of Broken Dreams, wou de Jugendensembel zesumme mat den Erwuessenen ënnert der Leedung vum Paul FOX gespillt huet.

Dem Publikum huet et esou gutt gefall, dass si sech nach eng Zugab gefrot hunn. Domat huet d'Useldenger Musek hier musikalesch Saison mam mëttlerweil duerfbekannte Party-Dance Mix ofgeschloss.



Foto: Pierre da Silva





# Traditionellen Hämmelsmarsch zu Useldeng

Op Kiermessonndeg, de 17. Juli, huet d'Useldenger Musek traditionell den Hämmelsmarsch an de Stroosse vum Duerf gespillt. Opgedeelt an 3 Gruppen, si si duerch d'Stroosse gezunn an hu fir déi passend Kiermesstëmmung gesuergt.

Text: Max Koster

# FC Jeunesse USELDENG

Léiwe Supporter,

D'Seniors 1 vum FC Jeunesse USELDENG hunn déi beschte Saison gespillt, säit dem Bestoe vum Veräin. Eis Ekipp stoung quasi wärend der kompletter Saison op enger vun den éischten 2 Platzen an der Tabell.

Mir konnten eis mat enger Victoire de leschte Spilldag beim Tabellenéischten zu Schieren, duerch d'Goalverhältnis viru Luerenzwëller, an de Barragëmatch retten.

Hei d'**Ofschlosstabell** vun eiser 1ter Ekipp vun der leschter Saison 2021-2022:

| Classement : Division 1 Série 1 | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Nom | Points | Joué | Gagné | Perdu | Match nul | Buts pour | Buts contre | Diff. buts |
| Jeunesse Schieren | 72 | 30 | 23 | 4 | 3 | 76 | 26 | 50 |
| Jeunesse Useldange | 69 | 30 | 22 | 5 | 3 | 90 | 39 | 51 |
| FC Lorentzweiler | 69 | 30 | 21 | 3 | 6 | 71 | 24 | 47 |
| Young Boys Diekirch | 54 | 30 | 17 | 10 | 3 | 43 | 31 | 12 |
| FC Kehlen | 48 | 30 | 14 | 10 | 6 | 72 | 54 | 18 |
| FC Bastendorf 47 | 45 | 30 | 13 | 11 | 6 | 53 | 52 | 1 |
| Minerva Lintgen | 44 | 30 | 13 | 12 | 5 | 61 | 60 | 1 |
| US Feulen | 43 | 30 | 12 | 11 | 7 | 60 | 63 | -3 |
| AS Hosingen | 40 | 30 | 12 | 14 | 4 | 51 | 48 | 3 |
| FF Norden 02 Weiswampach-H. | 38 | 30 | 11 | 14 | 5 | 72 | 57 | 15 |
| Sporting Mertzig | 38 | 30 | 10 | 12 | 8 | 57 | 72 | -15 |
| Alliance Aischdall Hobscheid-E. | 35 | 30 | 11 | 17 | 2 | 49 | 70 | -21 |
| FC 72 Erpeldange | 25 | 30 | 6 | 17 | 7 | 33 | 59 | -26 |
| US Berdorf-Consdorf 01 | 23 | 30 | 6 | 19 | 5 | 42 | 84 | -42 |
| US Boevange-Attert | 20 | 30 | 6 | 22 | 2 | 30 | 80 | -50 |
| Daring Echternach | 19 | 30 | 5 | 21 | 4 | 35 | 76 | -41 |



**D'Seniors 2** huet och eng grandios Saison gespillt. Si hunn 63 Punkten an 22 Matcher geholl a schléissen op der éischter Platz an der Tabell of. Eis 2. Ekipp steigt doduerjer eng Klass no uewen, an di 3. Klass.

**Jugendchampionnat:** Vun 2019 u spillt eis Jugend nit méi ënnert der Jeunesse Atertdaul. Si lafen elo op, mat dem bloen Trikot mat der Buerg op der Broscht. Di leschte Saison konnt mol erëm komplett ofgeschloss ginn. Déi lescht 2 Saisonen ware jo coronabedingt ofgebrach ginn.

An der leschter Saison hate mir mat de Bambinis, Pupilles, Poussins, Scolaires a Cadets/Juniors, 6 Ekippen am Championnat spillen. Am grousse Ganzen zéie mir e positiivt Fazit, och wa bei de Resultater an de verschiddene Kategorien eng Rëtsch Nidderlagen drënner waren. D'Unzuel vun eise Jugendspiller huet sech vun 2019 bis haut praktesch verdräifacht. Mir hunn am Moment méi ewéi 100



Jugendlizenzen. Donieft gesäit een, wann een d'Jongen méi dacks kucke geet, e gewaltege Fortschrëtt an der Aart a Weis, wéi si Fussball spillen. De Veräin, a besonnesch d'Jugendkommissioun, ka ganz zefridden an houfreg an di nei Saison kucken.

**Ee chronologesche Réckbléck op d'Evenementer vun de leschte Méint:**

**Donneschdeg, de 26. Mäi 2022**, de Barragëmatch géint Biissen. Eigentlech war alles prett, mir haten e gutt Gefill a ware virum Match der Meenung, dass et e gudden Dag wier, fir Geschicht ze schreiwen. Mat enger total motivéierter Ekipp, déi virdru 4 Matcher um Stéck gewonnen hat, si mir mam Bus op Mäerzeg gefouert ginn, fir dëse Match virun 1.500 Zuschauer ze spillen. Mat 3 Busser, der Harmonie, der kompletter Jugend, vill Supporter a Membere vum Veräin, si mir zu Mäerzeg ukomm. Ee groussen Deel vun der rietser Säit vum Terrain an de Burwiesen huet a blo a wäiss geliicht. De Match fir d'Montée an d'Éierepromotioun géint den FC Atert Biissen war ugepaff. Eis Männer haten e puer Chancen, fir ee Goal ze schéissen, hunn dunn och ee geschoss, de Linneriichter huet eise Spiller am Abseits gesinn. Vill Kolleege vun anere Veräiner, Biissen, Schieren asw, haten dat anescht gesinn. Mir verléieren de Match mat 0 – 4. Stëmmung um Terrain war trotzdeem weider formidabel. De gréisste Match an der Geschicht vum Veräin war verluer, bestëmmt ëm minimum 1 Goal ze héich. Nom Match huet d'Navett eis all op de Fussballterrain op Useldeng geféiert an do ass d'Fiesta weidergaangen. D'Harmonie huet gespillt, d'Fussballisten sinn, eenzel op geruff, virun eis defiléiert a kruten applaudéiert. Bei flotter Stëmmung sinn d'Spiller um Terrain vun hirem Comité, der Gemeng Useldeng souwéi de Supporter geéiert ginn. Et ass weider gefeiert ginn, bei gratis Gegrills a Gedrénks, bis an de spéiden Owend.

**Vum 25. Mee bis de 27. Mäi 2022**. Virun der Period vun der Jeunesse Atertdaul, sinn eis sämtlech Jugendspiller vum Aly Feyder trainéiert ginn. Wat aus dem Aly senger flotter Zäit zu Useldeng bei ville vun eis hänke bliwwen ass, war d'Organisatioun vun engem Jugendcamp, dat hien, zesummen mat der Famill Linster an dem Jean-Paul Reinert, e puer Joer hannereneen op d'Bee gestallt hat. Nodeems mir dat leschte Joer mat eise jonke Spiller an d'Phantasialand waren, war et dann dëst Joer souwäit. Vum 25. bis 27. Mee huet eis Jugendkommissioun de Freelander's Jugend Camp zu Useldeng um Terrain organiséiert. 30 Jonker, gréisstendeels aus eisen eegene Reien, hate sech fir dëse Camp ugemellt. Et ass vill fir di 30 jonk Leit organiséiert ginn. D'Kachekipp huet wärend deenen 3 Deeg wonnerbar fir hiert Iesse gesuergt. Geschlof hu se an Zelter vum SNJ um Fussballsterrain. D'Wieder huet gutt matgespillt. Um zweeten Dag ass de ganzen Tross, mëttes, mat de Busser op Mäerzeg gefuer, fir d'éischt Ekipp am Barragëmatch ze ënnerstëtzen. Fir den Ofschlossdag war den Nationaltrainer vun de roude Léiwinnen vun der FLF, den Dan Santos, op Besuch. Hien huet zesumme mat der Nationalspillerin Jil de Bruyn en Training fir eis Kanner gehalen. Déi 3 Deeg ware schnell ëm an d'Kanner sinn zefridden heemgaangen.

**De Sonnden, de 26. Juni 2022** hat den Organisatiounscomité „75 Joer Fussball Useldeng" op eng Erënnerungsfeier an de Centre culturel agelueden. Sou lues a lues komme mir da mat de Feierlechkeete fir eis 75 Joer op en Enn, eigentlech waren dës jo fir d'Joer 2020 virgesinn.

Um 10 Auer mueres sinn d'Gäscht am Centre Culturel agetraff. De Buergermeeschter, de Gast Roderes an e puer Comitésmemberen hu si do begréisst. De Chamberspresident Fernand Etgen, de Minister Marc Hansen, den FLF-President Paul Philipp, Vertrieder aus den Nopeschgemenge souwéi d'Vertrieder vun de Gemengenveräiner an Nopesch-Fussballveräiner hu sech zu Useldeng afonnt.

De *Claude Boudler* huet d'Begréissungsried vum Georges Calteux virgedroen, dee gesondheetsbedingt nit un der Feier konnt deelhuelen.

De *Gast Roderes* huet als „Moderator“ duerch de Moie gefouert.

Duerno war et un der Ried vum *FLF-President Paul Philipp*, dee ganz frou iwwert d’Relatioun tëscht der FLF an der Jeunesse USELDENG ass. Senge Wierder no, stinn déi 2 Parteie sech no. Hien huet un den FLF-Kongress erënnert, dee mir wärend der Pandemie „ënner schwierege Konditiounen“ zu Useldeng organiséiert haten. Ganz erfreet war hien och iwwert d’Jugendaarbecht vum Veräin an natierlech huet hien och d’Resultater vun der éischter Ekipp gelueft.

Nom Paul Philippe war et um President *Marcel Kauthen*, deen eng Retrospektiv op d’Geschicht vum Veräin vum 12. August 1945 bis haut gemaach huet, an un déi wichteg Etappen aus 75 Joer erënnert huet, wéi z.B. d’Entstoe vum éischten Terrain, der Aweiung vum neien Terrain, der neier LED-Belichtung oder rezent der neier Grillkichen an dem Erënnerungsbam.

Uschléissend huet de Minister Marc Hansen, als Vertrieder vum Sportminister Georges Engel, d’Wuert ergraff. Hien huet ënner anerem d’Wierke vun de Leit aus dem Comité ervirgehuewen. Donieft huet hien och d’Gemeng gelueft, déi dem Fussball ënnerstëtzend zur Säit steet. Hie selwer huet zu Useldeng Härenekipp gespillt. Eng witzeg Anekdot aus senger Ried war, dass hie sech am Regierungsrot heiansdo un d’Gespréicher aus de Vestiairë vun den ’aalen’ Hären erënnert, a sech da virstellt, dass Problemer och heiansdo vill méi einfach kéinte geléist ginn.

De *Georges Majerus* huet dunn dem Georges Calteux seng perséinlech Erënnerungsried virgedroen. Hei sinn haaptsächlech d’Grënnungszaite beliicht ginn. An ergräifende Wierder huet hien eis nach emol erzielt, wéi 1945 kuerz nom Krich zu Useldeng en neie Veräin entstan ass.

D’Schlusswuert hat de Buergermeeschter *Pollo Bodem*, laangjärege Spiller a Vizepresident vum Organisatiounscomité. Hien huet alle Merci gesot, déi deemools de Veräin a schwieregen Zäite gegrënnt hunn an him zu senger erfolgräicher Geschicht verhollef hunn. Hien huet di Präsent op den Éierewäin invitéiert.

Déi verschidde Riede goufe musikalesch encadréiert vun der Fun Brass Band an dem Aterdaul Duo Sylvie Nels a Jos Schartz. Dës musikalesch ’Ënnerbriechungen’ si ganz gutt bei de Leit ukomm an hunn derzou bäigedroen, dass am fréie Sonndegmuere gutt Stëmmung am Kulturzentrum zu Useldeng war.

Nom Éierewäin hu sech eng 50 fréier an haiteg Memberen un den Dësch gesat an hunn de Buffet vum Traiteur Mathieu vu Réiden zesumme genoss an hu vun flotte Momenter am Fussball geschwäermt.












**De Sonnden, den 10. Juli 2022** war, um Futtballterrain d'Generalversammlung vun eisem Veräin. Mir konnten dës Kéier erëm méi ewéi 60 Leit um Terrain begréissen. Dorënner och de Buergermeeschter, Pollo Bodem, säin Schäffe Pé Da Silva an de Conseiller Raoul Schaaf. Den Thomas, Matorganisator vum Castle Ride, war present. Hie krut e Bong geschenkt, grad ewéi säi Kolleeg de Marcel vu Schandel, deen entschëllegt war. Hinnen alt nees ee grousse Merci fir di gutt Organisatioun an Zesummenaarbecht vun dësem Event, dat dem Veräin vill Geld an d'Kees spullt. Nieft de Seniorsspiller hu sech d'Mammen an d'Pappe vu ville jonke Fussballspiller dëse Moien um Terrain afonnt. Nodeems dass den Aktivitéits- an de Keesebericht virgedroe waren, war et un eisen Traineren. De Jugendkoordinator, Dave De Bruyn, huet ee kuerze Réckbléck ginn an huet de Jugendtrainerstaff fir di nei Saison virgestallt. Eise Seniorstrainer, Enver Kelmendi, huet di lescht Wochen a Méint vum Championnat vun eiser 1. Ekipp Revue passéiere gelooss. Elo nach schwäermt jidderee vun de leschte Matcher an der Leeschtung vun eiser Ekipp. De Patrick Sadler huet de Veräin schonn ufangs des Joers verlooss. An der Versammlung huet dunn den Chico Kleer säi Posten am Comité opginn. Mir soen hinne Merci fir di Zäit am Comité. Als nei Comitésmembere begréisse mir de José Lima an den Olivier Pradier.

De Staff vun de Seniorstrainer gesäit dëst Joer esou aus: Trainer bleift den Enver Kelmendi. Him zur Säit, als Co-Trainer an och 2.-Ekippcoach, de fréiere Juniorstrainer Lorenzo Di Carolis. De Leo Fero bleift eise Goalkipptrainer. De Roger Antony, Koordinator bei de Seniorsspiller huet de Veräin verlooss. De ganze Veräin hofft, dass di nei Saison 2022-2023 minimum grad esou interessant gëtt ewéi di lëscht.

Di éischte Championnatsmatcher spille mir: géint Kielen - beim Norden 02 - zu Feelen.

Den 11. September spillt eis 1. Ekipp an der Coupe de Luxembourg zu Kielen.

Ab der neier Saison ass den FC Jeunesse USELDENG mat 6 Jugendekippen am Championnat vertrueden. Et sinn dëst: Cadets – Minimes – Poussins – 2 x Pupilles – Bambinis.

**Jongen a Meedercher ab 5 Joer, déi hei zu Useldeng Futtball spille wëllen, kënne sech beim Koordinator vum Klub mellen: Dave De Bruyn, Tel.: 691 291084**

**Hären ab 33 Joer déi nees wëllen aktiv ginn a bei der Härenekipp matspillen, kënnen sech beim Responsabel vun der Ekipp mellen: Jean-Luc Hendel, Tel.: 621 711 699**

Iwwert de Veräin informéiert, gi dir op eiser Internetsäit: **www.footballuseldeng.lu**

Dir wëllt den Useldenger Futtball ënnerstëtzen, sief et

- mat engem Ball de Match vun 100 €,
- mat der Éierememberskaart mam Montant vun ärer Wiel,
- mat engem Abonnement um Terrain fir di nei Saison 2022-2023 vun 80 €

D'Kontosnummer vun eisem Veräin ass: CCRA LU28 0090 0000 3026 9609.

Am Viraus Merci.

Ee grousse Merci geet un all eis Supporter an un eis trei Sponsoren.

Text: Lull Waltzing, Claude Boudler

# Déi 15. Editioun vun USELDING am MËTTELALTER

## 11. an 12. Juni 2022 - ee kuerze Réckbléck



Et wor an dëser besonnescher Zäit vum Brochmount. Endlech, no laangen Deeg vu Reen a Wand ass den Himmel iwwer Uselding opgerass, an d'Sonn huet erëm iwwert de Reebou an den Helperbierg geblénkt. Den Heemount an de Karschnatz stounge virun der Dir, a vill Bauere wollten nach eng Kéier dës kuerz Rascht notzen, ier et dann zeréck op d'Felder geet. Awer och déi Useldinger Häre woren nit méisseg. Ënnert dem Stimulus vum äerdege Leopoldus vum Weidfeldt, hu si all hir Untertanen aus dem Räich op ee grousse Maart an op een dichtegt Ritterfest, ee sougenannt Spectaculum, op Uselding agelueden.

Déi laang Zäit vun der Pescht wor lues awer sécher ofgeklongen, a vun iwwerall hunn d'Leit de Wee op Uselding fonnt. Zu hirer iwwer zéngdausend wollte si hei am "Wëlle Westen" ee schéine Moment verbréngen, sech erëm gesinn, sech zouprosten an eng oder di aner gutt Affär maachen.

Exzellent Musiker aus dem Palatinus, vu Paräis an aus der gëllener Stad Prag hunn dem Useldinger Mëttelalterfest hir ganz besonnesch Nout opgedréckt.

Aussergewéinlech gutt beluecht wor och dat grousst Ritter- oder Heerlager, dat sech laanscht d'Uwänner vun der Atert niddergelooss hat. Ganz Sippschafte, kurios Gesellen a kauzeg Borschten, Ritter a soss edel Dammen hu sech et hei gutt goe gelooss. Wann da mol een oder deen aneren eng Schappen ze vill intus hat, hu se sech mat enger Pan duelléiert an op den Helm geschloen, bis den Tinnitus dem Spill een Enn gesat huet. Fir d'éischte Kéier mat um Dill woren d'Schwertspiller aus dem Badischen, déi sech no e puer honnert Joer zu Uselding erëm ganz wéi doheem gespuert hunn. Beandrockend och ëmmer eis Frënn "Les Compagnons de la Cour des Miracles" aus Wallounien, déi ee villfältegt Lagerliewe mat enger grousser Offer un alem Handwierk duergestallt a virgefouert hunn.



*“Satter Bauch schafft Wohlbehagen.
Ja, mein Gott soll mir der Bauch sein,
und die Gurgel will mir’s auch sein,
dessen Tempel meine Küche
voller leckerer Wohlgerüche.*

*Dieser Gott fällt nicht zu Lasten,
lass ich ihn nicht lange fasten,
und vor’m Frühstück, vor der Mette,
rülpst er schon vom Wein im Bette,
sein Altar wie auch sein Becher
sind die Seligkeit der Zecher.*

*Doch verdank ich diesem Kulte
tief im Magen oft Tumulte,
wenn dort unter lauter Krämpfen
Wein und Bier im Bauche kämpfen;
welch ein Leben voll Behagen:
tätig ist allein der Magen.*

*Auszug aus der Carmina Burana – 13. Jorhonnert*











Op ee groussen Interessi bei de Gäscht sinn awer och d'Marie, eis äifreg Glasbléiserin aus Frankräich, d'Kierfflechterinnen aus der Belsch an de Schmatt aus Däitschland gestouss.

Samschdes mëttes huet een onerwaarte Besuch aus engem eréischt kierzlech vun engem Italiéiner entdeckten Äerddeel, Amerigo (oder änlech) genannt, den Useldinger vill Freed gemaach. 25 Gäscht aus der Neier Welt hu sech bei enger säfteger Schwéngshax a bei engem sëffegen Heischter e puer flotter Stonnen zu Uselding geleescht.

An da wiere mer jo och schonn an der Culina. Kulinaresch Spezialitéiten aus dem Mëttelalter, gekacht a gebracht an der Feldkichen, Fierkel um Spiess a Ritterburger vum Grill, Eisekuchen a Beigneten hu kee Ritter hongereg heem goe gelooss.

Ganz besonnesch beléift bei de Gäscht ass och all Joer de groussen Defilé, dee vum Ritterlager a vum Maart aus op d'Useldinger Buerg féiert. Ugefouert vun de Musiker ginn d'Ritter, a voller Montur gekleet, mat hirem ganze Pöbel a mat hire jeeweilege Fändelen a Waffen erop op d'Useldinger Buerg. Dëse Cortège gëtt ee wonnerschéint tablogeent Bild of, wat esou munch Artist ruckzuck säi Pinsel zécke gelooss huet, fir dee Moment festzehalen. Sonndes mëttes hunn d'Dudelsakbléiser vun Dudeldorf aus der Eifel, och fir d'éischt zu Uselding mat derbäi, den Takt an d'Marschvitesse fir erop op d'Buerg virginn.

Besonnesch dreckeg Rittersleit oder och déi glécklech Gäscht, déi nach kuerzfristeg fir owes eng Audienz beim Maartvogt Leopoldus krut hunn, konnten sech nach séier an der Bidde vum Christoph sengem Dampbad den Dreck vun de leschte Méint vum Leif wäschen.

Um Samschdegowend, wéi d'Nuecht sech stackdäischter iwwer d'Useldinger Buerg geluecht huet, hu sech Honnerte vu Leit de grandiose Feierspektakel ugekuckt, dee vum Duo Max & Moritz aus der Hansestad Rostock ofgebrannt gouf. Déi musikalesch Begleedung gouf zesumme vun de Paräiser Musikanten CELESTIAES an de Prager Musiker vun KRLESS gekonnt improviséiert. De Publikum wor vun dësem Optrëtt, engem flotten Héichpunkt an Ofschloss vun dësem éischte Festdag, absolut beandrockt.

Zauberer, Gaukler, Pantomimen, Stelzegänger, Maisroulette, eng Schaukel an ee Karussell, awer och vill Spillsaachebuttiker hu fir eng flott Stëmmung gesuergt a woren esou richteg nom Gusto vun de klenge Gäscht, deenen d'Zäit sécherlech nit laang ginn ass.

Leider huet d'Pescht d'Kaarten nei gemëscht gehat, a vill vun eisen albekannten a kënnege Maartleit sinn nach nit erëm ugetrueden oder hunn hir Passioun mëttlerweil un den Nol gehaang. Allerhand frësch an interessant Wueren goufen deemno zu Uselding vu villen neie Gesiichter ugebueden, déi fir d'éischte Kéier hire Stand op eisem Maart opgeriicht hunn. Sou hunn iwwer 60 Händler aus Lëtzebuerg, Däitschland, Frankräich an der Belsch hir Wueren zu Uselding feelgebueden. Si hunn hiren oft wäite Wee nit bereit a wäerten eist Duerf a seng Gaaschtfrëndschaft no baussen an d'Welt droen. Ouni Zweifel, hu si sech schonn d'Datumer vum 3. a 4. Juni 2023 an hir Kalenneren agedroen.

Deemno eng verdingte Reussite fir d'Useldinger Härenekipp an all déi vill benevoll Mataarbechter aus der Gemeng, Frënn a Bekannten, ouni déi dëse Kraaftakt nit ze stemme wier. Nodréiglech nach ee ganz grousse Merci u si all.

An deem Sënn, a wann d'Tania, eis Hellseherin oder Voyante, d'Wourecht gesot huet, dierft enger 16. Editioun am Anno Domini 2023 näischt am Wee stoen.



Text: Georges Majerus

Fotoen: Jil Peiffer, Georges Majerus



# Live & lieweg - Gollo in Concert zu Uselding

Wéi et scho bal zur Traditioun ginn ass, gouf och dëst Joer den Ofschloss vum Ben Boulanger senge Blues-Virträg am Manukultura mat engem Live Open -Air Concert gefeiert. Et war zwar keen „echte“ Blues-Concert, mee een intressanten Owend ënnert der Buerg op der „Tit Schroeder Plaz“ mam Robert „Gollo“ Steffen, dem beschtbekannten Éisleker Rock-Troubadour, a Begleedung vum Gittarist René Rieth.

Mam Gollo senge flotten Eegekompositioune wéi „Summer um Stauséi“, „E Bild vun engem Mann“, „Wat géifs de man“, „Amerika läit just viroan Ëlwen“, „Ka komme wat wëllt“, ass bei deene ronn 60 intresséierte Spektateuren du bëstemmt déi eng oder aner nostalgesch Ërennerung wakereg ginn. Beim „Meedchen aus dem Éislek“, dem Gollo seng Adaptatioun vum Bob Dylan sengem Klassiker „Girl from the North Country“, ass et dunn awer och nach méi bluesy ginn.

Bei gudder Musik a Gesang a mat engem sëffige Patt a Gegrills war et e ganz reusséierte gemittliche Summerowend.

Elo no der Summerpaus hëlt de Ben eis awer nees mat op seng musikalisch Passioun, de Blues. Déi nächst Virträg am Manukultura zu Uselding si scho fest geplangt, an zwar:

de 15. September 2022 gi mer méi iwwer „Piano Blues“ gewuer, an de 17. November 2022 mécht de Ben eis bekannt mam „Stevie Ray Vaughan“, amerikanische Blues-Gittarist an ee vun de beschte Gittaristen iwwerhaapt aus der Musiksgeschicht.

Avis aux mélomanes.

Text / Foto: Lé Gregorius



VERÄINSLIEWEN

# Groupe spéléologique de l'Attert

**De GSA um Mëttelalterfest zu Useldeng**

Wéi fir eis all, huet déi rezent Gesondheetskris déi alldeeglech Aktivitéite vun eiser Spélégrupp fir zwee laang Joer op Halt gesat. Et ass mat Freed, datt mir iech déi graduell Reprise vun eisen Ausflich a Klammtraininge kënne matdeelen.

Den GSA war am Juni 2022 um Useldenger Mëttelalterfest fir de Verkaf vun eisen Edelsteng, déi op Ausflich gesammelt goufen a bei eiser déifgräifender Sich no wäertvolle Stécker. Dëst Evenement huet sech als e grousse Succès bewisen an huet eis erlaabt Momenter vu Freed ze verbréngen an eis Expertis ze deelen. Vill Verëffentlechungen a vill Entdeckunge stinn eis nach bevir.



Text / Foto: Patrick Klein

***Rippweiler Jugend***

***"Nothing is ever really lost to us as long as we remember it."*** *(L.M. Montgomery)*



Lo ass et gläich schonn 1 Joer hier, dass du no engem trageschen Accident däin Liewen verluer hues.

Wie de Sproch et uewen seet, bass du ni ganz fort vun eis, egal op am Clubsall oder ënnerwee, däin Numm fält oft an mir schwätzen gären iwwert di gemeinsam Erënnerungen.

Agelueden an de Club goufs du deemools vum Kleeschen perséinlech, an hues och net gezéckt an bass en aktiven, engagéierten Member gi.



Am Ufank hues du der nach net vill kannt, mee et war net vu laanger Dauer bis dass du Fréndschaften geschloss hues an mat den haarde Kär vun der Rippweiler Jugend ginn bass.

Däin Engagement war grouss an du bass Member am Comité ginn a geplangt war dass du dëst Joer eise President häss sollte sinn.



Du waars d'Rou a Persoun, et konnt een ëmmer op dech zielen, du hues en opgemontert wann ee mol een schlechten Dag hat an zesummen hunn mir vill gelaacht.

Mat ville schéinen Geschichten a Fotoen halen mir dech fir ëmmer déif an eisen Häerzen an an Erënnerung an wäerten dech ni vergiessen!

Deng Rippweiler Jugend

# Klimateam News

## Éischten Repair Café am Kanton Réiden

Op Initiativ vun eisem Klimapakt-Team konnte mir den 28. Mee den éischte Repair Café am Kanton Réiden an der ManuKultura ofhalen.

An Zesummenaarbecht mam Réidener Energie Atelier, a Repair Café Lëtzebuerg, konnte mir dëse flotte Projet lancéieren. D'Idee war et doraus ee kantonale Projet ze maachen, sou dass och weiderhin ëmmer nees Repair Caféë bei eis an der Regioun kënne stattfannen. Youth & Work huet sech mat engem Grupp vun 10 jonken a motivéierte Leit am Kader vun hirem Programm "Future Generation" un der Organisatioun vun dësem Dag bedeelegt.

Den Optrag un déi Jugendlech bestoung dodran d'Konzept vum Repair Café ze verstoen, ze besichen an aus hire Feeler an Erfolleger ze léieren. Si hunn sech em d'Flyer vum Event an em Ouverture an der ManuKultura gekëmmert. Si hunn e Film gedréint deen se wärend der Ouverture gewisen hunn, fir ze ënnersträiche wéi wichteg et ass Objeten ze reparéieren an net ewech ze geheien.

Repair Café Lëtzebuerg zitt scho laang mat hire Repairer duerch d'Land fir Objeten ze flécken an hinnen en neit Liewen ze ginn. Oft ginn d'Saache vill ze séier ewechgeheit an ersat. E Repair Café dréit also dozou bäi, den $CO_2$-Ausstouss ze reduzéieren, well d'Produktioun vun neie Produiten an d'Recycele vun den ale Produite produzéiert $CO_2$.

De Projet huet mat enger Informatiounsversammlung am Réidener Lycée ugefaangen, fir fräiwëlleg Repairer aus der Regioun ze fannen, fir dass och an Zukunft e Roulement u Repair Cafés bestoe bleift.

Vu 14h00 – 18h00 waren d'Dieren an der ManuKultura op. D'Repairer hunn de Leit gehollef hir Objeten, wéi Véloen, Computer, Handyen, asw ze flécken. Des weideren hunn d'Repairer hiert Wëssen ausgetosch a Youth and Work huet e flotte Kreativ-Workshop fir Grouss a Kleng ugebueden. D'Gemeng Useldeng huet fir Kaffi a Kuch gesuergt.






GEMENG USELDENG

Klimabonus

# Connaissez-vous les aides Klimabonus dont vous pouvez bénéficier pour vos projets durables ?




Klimabonus vous aide à financer vos projets de rénovation ou de construction durable, d'acquisition d'un chauffage favorisant les énergies renouvelables, d'une voiture électrique ou encore de production d'énergie.

Si vous envisagez de **construire ou de rénover énergétiquement** votre logement, vous pouvez prétendre à une sélection d'aides financières adaptées.

Les **matériaux d'isolation** pour votre rénovation énergétique sont subventionnés par Klimabonus. L'épaisseur, la conductivité thermique, ainsi que le type du matériau isolant déterminent le montant de la subvention étatique accordée. Par ailleurs, il vous sera dorénavant possible de profiter d'une aide pour une seule mesure de rénovation.

Si vous **planifiez votre nouvelle construction**, informez-vous sur les critères LENOZ (Lëtzebuerger NOhaltegskeet Zertifizéierung). Cette certification du ministère du Logement évalue la durabilité d'un bâtiment d'habitation selon les critères suivants : écologie, bâtiment et installations techniques, fonctionnalités. En obtenant la certification LENOZ, vous pouvez profiter des aides Klimabonus pour votre projet de construction durable.

Vous souhaitez **passer à une mobilité durable** ? Qu'il s'agisse d'un véhicule électrique avec installation d'une borne de charge privée à domicile, d'une voiture à hydrogène ou d'un vélo, vous pouvez bénéficier d'une série d'aides adaptées.

Par exemple pour l'achat d'une voiture électrique (< 18 kWh/100 km), recevez jusqu'à 8.000 € (jusqu'à 50 % des coûts HTVA) ; pour un cyclomoteur électrique, obtenez jusqu'à 1.000 € et pour un vélo standard ou électrique, jusqu'à 600 € (jusqu'à 50 % des coûts HTVA).

Les aides étatiques Klimabonus peuvent également vous soutenir pour **l'installation d'un système de chauffage favorisant les énergies renouvelables ou la production de votre propre électricité**.

Si vous souhaitez opter pour un système de chauffage basé sur les énergies renouvelables et vous débarrasser de votre ancien système de chauffage à combustible fossile, vous pouvez bénéficier d'une série d'aides étatiques. Pour l'installation d'une **pompe à chaleur air-eau ou géothermique** dans un bâtiment existant, vous recevrez jusqu'à 12.000 € d'aides Klimabonus. Pour la nouvelle construction d'une maison unifamiliale, l'installation d'une pompe à chaleur air-eau permet d'obtenir jusqu'à 3.000 €. Peut-être avez-vous fait le choix d'un **chauffage au bois** ou aux granulés de bois, alors vous pourrez percevoir un maximum de 7.500 €. Enfin, 1.500 € seront mis à votre disposition si vous équipez votre chauffage au bois d'un **filtre à particules**.

Toutes les aides sont accordées jusqu'à un maximum de 50 % des coûts HTVA.

Deux bonus supplémentaires seront également possibles : d'une part un bonus de 15 % pour la mise en place d'un réservoir tampon et d'autre part, un bonus de 30 % pour le remplacement d'un système de chauffage fossile ou électrique. De plus, vous pouvez obtenir une aide pouvant s'élever jusqu'à 2.000 € pour l'élimination de la citerne à mazout.


Si vous disposez d'une surface de toit adaptée et bien exposée au soleil, vous pouvez faire installer **des panneaux solaires** sur votre toiture pour produire de l'électricité photovoltaïque. Dans ce cas, Klimabonus interviendra pour financer la mise en place des panneaux nécessaires selon votre choix d'autoconsommer l'énergie produite ou de l'injecter sur le réseau.

Pour tous ces projets, la nouvelle plateforme de Klima-Agence vous permet de simuler toutes les aides disponibles, qu'elles soient étatiques, communales ou mises à disposition par les fournisseurs d'énergie.

**Plus d'informations sur : klimabonus.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

klima agence


TAP WATER IS A LOCAL NATURAL PRODUCT
The journey of drinking water, from the formation and the exploitation to the tap.
ACCESSIBLE EVERYWHERE
TAP WATER
A natural local product of high quality
MAIN FACTORS THAT DETERMINE OUR DRINKING WATER
Rocks and soil, permeable landscapes, precipitation
DETAILED ANALYSES
Via an efficient distribution system, water is transported reliably and clean to our homes
50% IS COMING FROM THE GROUND
50% IS COMING FROM THE UPPER SÛRE LAKE
DrénkWaasser
ERFRËSCHEND NOHALTEG
www.drenkwaasser.lu
Ebl
Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
Administration de la gestion de l'eau
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
ALUSEAU A.S.B.L.
ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE DES SERVICES D'EAU



# RobinLoop

Praktizierte Kreislaufwirtschaft in Luxemburg

# *RobinLoop*

*L'économie circulaire pratiquée au Luxembourg*

Die **SuperDrecksKëscht**® sammelt jährlich über 1000 to Altfarben ein, darunter nicht zu vernachlässigende Mengen an Innenwandfarbe. Generell sucht die SDK mit Hilfe des Instruments Ressourcenpotential (Infos www.ressourcenpotential.com) immer nach Produktempfängern, die im Rahmen von modernen Recyclingprozessen Sekundärrohstoffe produzieren und somit praktische Kreislaufwirtschaft umsetzen. Bei den Altfarben war das aber bisher nicht möglich. Diese wurden bisher zu Ersatzbrennstoffen verarbeitet, welches gegenüber der früher üblichen Problemabfallverbrennung ein Fortschritt ist, aber ein *Downcycling* bedeutet und von daher noch nicht optimal ist. Peinture Robin und die SDK zeigen mit RobinLoop nun wie es gelingen kann regionale Stoffströme zu schliessen.

*La **SuperDrecksKëscht®** collecte plus de 1.000 tonnes de peintures usagées par an, dont une quantité non négligeable de peintures pour intérieur. Globalement, la SDK recourt à l'outil qu'est le potentiel de ressources (www.potentiel-de-ressources.com). Qui trouve des destinataires au peinture afin qu'ils produisent des matières secondaires dans le cadre de processus de recyclage modernes et mettent donc en pratique l'économie circulaire. Jusqu'à présent, ceci n'était pas possible pour les peintures usagées. Elles étaient traitées pour en faire des combustibles de substitution, ce qui est certes un progrès par rapport à l'incinération des déchets problématiques autrefois usuelle, mais constitue cependant un downcycling. Avec RobinLoop, les Peintures Robin et la SDK montrent maintenant comment réduire les flux de matières régionales avec RobinLoop.*

## Verwertung

## *Valorisation*

Für RobinLoop werden primär bei Bürgern eingesammelte Altfarben zur Produktion von Recyclingfarbe genutzt. Zurzeit betrifft diese weisse Innenwandfarbe. Nach einer zweistufigen Qualitätskontrolle bei der SDK und Peintures Robin wird die Altfarbe zur Produktion neuer Farbe eingesetzt.

*Pour RobinLoop, les peintures usées principalement collectées auprès des citoyens sont utilisées pour produire de la peinture recyclée. Actuellement, ceci concerne la peinture murale intérieure blanche. Après un contrôle de qualité en deux étapes chez la SDK et Peintures Robin, la peinture usée est utilisée pour produire une nouvelle peinture.*



**Weitere Tipps auf www.clever-akafen.lu**

***D'autres conseils sur www.clever-akafen.lu***

## Vermeidung

## *Prévention*


- Der Gebrauch umweltfreundlicher Farben und Lacke ist nicht nur gut für die Umwelt, sondern auch für die Gesundheit.
- Bei Anwendung im Innenbereich auf schadstoffarme bzw. –freie Produkte zurückgreifen.
- Auf Umweltlabel wie ‚Clever akafen' achten.
- Für ihren Zweck angemessene Gebindegrösse kaufen.
- Achten Sie darauf, dass die Farbe ergiebig ist. Sie vermeiden dadurch mehrfaches Streichen.
- Reste halten sich länger, wenn Sie die Behälter gut verschlossen auf dem Kopf stehend lagern.

- *Les peintures et laques écologiques ne sont pas seulement meilleurs pour l'environnement mais aussi pour votre santé.*
- *En cas d'utilisation à l'intérieur, utilisez des produits à faible teneur en polluants ou exempts de polluants.*
- *Achetez des emballages convenant à vos besoins !*
- *Veillez à ce que le rendement de la peinture soit élevé. Vous n'aurez pas besoin ainsi de passer plusieurs couches de peinture.*
- *Les résidus se conservent plus longtemps si vous fermez bien les récipients et les stockez à l'envers.*

### Ressourcenpotential von RobinLoop


### *Potentiel de ressources du RobinLoop*

ROBINLOOP




### ... und der Ersatzbrennstoffherstellung

### *... et de la production des combustibles de substitution*




DE GRÉNGEN ECK

# PNM2035: Den neie Mobilitéitsplang fir Lëtzebuerg bis 2035




**Firwat brauche mir een neie Mobilitéitsplang?**

Lëtzebuerg ass di lescht 10 Joer an der Moyenne ëm 2% pro Joer gewuess, dat si ronn 12.000 nei Awunner pro Joer. De Mobilitéitsplang geet vun zousätzleche 40% Deplacementer bis 2035 aus (am Verglach zu 2017). Wéi soll dat goen, ouni dass mir all am Stau stinn?

De Minister Bausch ass den neie Mobilitéitsplang 2035 de 6. Juli 2022 op Réiden virstelle komm. Hei stelle mir Iech di Haaptpunkte vir.

**Wou konzentréiere sech d'Deplacementer?**

- 49% starten oder / an endegen an der Stad Lëtzebuerg oder senger Agglomeratioun
- 42% bleiwen innerhalb vun den 3 Agglomeratiounen (Stad Lëtzebuerg, Esch & Belval mam urbane Süden, Nordstad)
- 24% bleiwen am ländleche Raum
- 20% si grenziwwerschreidend

2017,
- ware 54% vun den Deplacementer vun de Residenten ënner 5km
- een Drëttel vun den Deplacementer ënner 1km an 2/3 vun den Deplacementer tëscht 1 a 5km si mam Auto gemaach ginn

Vun dohier gëtt et ee ganz grousst Potenzial fir eng méi nohalteg Mobilitéit op de kuerzen Distanzen. Besonnesch an den 3 Agglomeratioune soll den Auto manner oft zum Asaz kommen an op ze Fouss goen, ëffentleche Verkéier an de Vëlo zréckgegraff ginn.

**Objektiver fir 2035 par Rapport zu 2017**

- den Undeel vun den Deplacementer mam Auto däerf nëmmen nach liicht klammen (+15%)
- den Undeel vun den Deplacementer zu Fouss oder mam ëffentleche Verkéier muss staark klammen (+50%)




- den Undeel vun den Deplacementer mam Vëlo muss enorm klammen (7x méi wéi 2017)

D'Intermodalitéit (Auto-Bus, Vëlo-Bus, Bus-Zuch,...) muss verbessert ginn

- méi eng grouss Sécherheet beim Erreeche vun de Korrespondenzen
- méi eng grouss Offer u P&R
- eng besser Erreechbarkeet vun de Garen an Arrête fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer

Esou sollen dës Objektiver erreecht ginn:
- Zu Fouss goe soll di attraktiivsten Optioun gi fir di kuerz Deplacementer
- Mam Vëlo soll ee sécher an direkt iwwerall am ganze Land hikommen, de Vëlos-Undeel soll am meeschte wuessen.
- Den Zuch-Reseau gëtt staark ausgebaut, d'Zich solle 6x an der Stonn vun Ettelbréck via d'Stad an de Süde fueren (Belval / Diddeleng) – ouni Ëmklammen, eng nei Gare kënnt op Hollerech





- Nieft der Extensioun vum Tram Richtung Findel a Cloche d'Or, wäerten nach 3 weider Linne gebaut ginn: (1) Kierchbierg – Hollerech – Westen (2) Kierchbierg – Route d'Arlon – Cloche d'Or (3) Kierchbierg Nord – Route d'Esch – Esch
- Eng nei funktionell Klassificatioun fir eist Stroossennetz. All Strooss bleift weiderhin accessibel fir den Auto, den Autosverkéier soll awer op d'Haaptachsen orientéiert ginn. Esou ass méi Plaz fir den ëffentleche Verkéier an de Vëlo op den aneren Achsen.

**Wat ass an eiser Regioun u Projeten am Stroossennetz geplangt?**

1. Voie de délestage zu Réiden
2. Verkéiersberouegung am Zentrum zu Réiden
3. Vergréisserung vum P&R Stengefort
4. Separat Spuer fir d'Busser an de Covoiturage op der A6
5. Neie P&R zu Mamer / Capellen
6. Neie P&R um Quatre-Vents
7. Neien Echangeur „Ouest" op der Areler Autobunn

**Wat ass an eiser Regioun u Projete fir de Vëlo an de Bus geplangt?**

1. Pôle d'échange zu Räichel
2. Priorisatioun vum Bus tëscht Briddel a Rollingergronn op der N12
3. Amenagement vum Pôle d'Echange Stäreplaz
4. Nei Vëlospist tëscht Réiden an der Nordstad am Warkdall (PC25)
5. Nei Vëlospist tëscht Useldeng a Keespelt
6. Nei Vëlospist tëscht Miersch a Brouch
7. Nei Vëlospist tëscht Miersch-Keespelt-Keelen-Capellen

**Wéi geet et weider mam PNM?**

De PNM setzt de Kader fir di strategesch Planung vun der Mobilitéit zu Lëtzebuerg. Et handelt sech ëm ee kontinuéierleche Prozess, deen all 5 Joer evaluéiert an ugepasst gëtt. De PNM huet net d'Vocatioun fir jidder lokale Mobilitéitsproblem ze léisen, mee stellt de Kader fir d'Sich no Léisungen an dëst an enker Zesummenaarbecht tëscht dem Staat an de Gemengen.

**Sidd Dir interesséiert un der ganzer Broschüre vum PNM2035?**

Hei kënnt Dir se bestellen oder eroflueden:
www.pnm2035.lu

Text: Carole Schmit

# 12 Jugendlecher hunn d'Sakrament vun der Firmung empfaangen

Viru Kuerzem huet de Kardinol Jean-Claude Hollerich, 12 Jugendlecher aus der Par Aterdall Sainte-Claire an der schéi gerechter Kierch vun Iewerleng, d'Sakrament vun der Firmung gespent. Gläich bei sengem Ukommen ass den héije Gaascht ganz häerzlech virun der Kierch empfaange ginn. Am Verlaf vum Gottesdëngst zelebréiert vum Kardinol Jean- Claude Hollerich mam Pater Jean-Jacques Flammang an de Geeschtleche Mathieu Janssen, René Reuter a Vincent Billot op senger Säit, hunn di 12 Jugendlecher no der Erneierung vum Daafverspriechen d'Sakrament vun der Firmung empfaangen. Die feierlech Mass gouf vum Gesangsveräin aus der Gemeng Useldeng ënnert der Leedung vum Fernand Even mam Carlo Philippe op der Uergel gesanglech a musikalesch verschéinert. Duerno huet d'Gemengeverwaltung Useldeng op den Empfank an de Festsall agelueden, wou de Buergermeeschter Pollo Bodem an treffende Wieder d'Wichtegkeet vun der Kierch an de Mëttelpunkt gestallt huet.

Text / Fotoe: Charles REISER





# Konschtausstellung vum Réidener Jugendtreff an der ManuKultura

Am Mee hat de Réidener Jugendtreff ënnert der Koordinatioun vun der Madamm Thielmanns eng flott Konschtausstellung an der ManuKultura organiséiert.

Wärend der Pandemie hunn déi Jugendlech un dräi verschiddene Projete geschafft, dës konnten si Dank der Oeuvre Grand Duchesse-Charlotte duerchféieren.

D'Resultat gouf den 20.-22. Mee de Politiker aus dem Réidener Kanton sou wéi dem Public presentéiert. No der offizieller Ouverture freides owes, huet d'Gemeng Useldeng op e Patt invitéiert an d'Leit konnte sech d'Konschtwierker ukucken.

Dëse Projet huet jidderengem, ënner anerem och jonke Refugiéen d'Chance ginn, sech selwer auszedrécken an ze weise wéi si d'Pandemie an hir domat verbonne Gefiller erlieft hunn.

Fotoe: Charles Reiser





## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall
**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES:**
Tel: **23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu > *congé annuel: 1.8.-19.8.2022*
Curé-modérateur: Père Jean-Jacques Flammang / jean-jacques.flammang@cathol.lu
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / TÉLÉPHONE D'URGENCE : EQUIPE DE FUNÉRAILLES tél. 621 686 102**

## Stëmmen aus der Par Atertdall Sainte-Claire fir d'Weltsynode

***Eng 100 Persounen haten sech fir déi aacht Virbereedungsversammlungen an der Par Atertdall Sainte-Claire fir en gudden an éierlechen Austausch zesummefonnt. Eng 40 Persounen haten mat den Ziedelen, déi ausgedeelt goufen, schrëftlech geäntwert.***

### *Zesummefaassung vun de Versammlungen*

***Wat gefält mer u menger Kierch?*** Perséinlech Temoignage iwwert hire Glawenswee - Gemeinschaft; Verschidde Formen vu Kierch: Mass, lectio divina, Bibelowend, Konferenzen, Familljemassen, Kranken- an Altenpastoral, Begriefnispastoral; vill Luef fir d'Paschtéier, déi et fäerdeg bréngen op d'Leit ze lauschteren, drop anzegoen an déi néideg Erklärungen ze ginn; Begéinung mat Matchrëschten; d'Kierch ass wéi eng Scheier voll Hee, wou fir jiddereen eppes derbäi ass; Gott huet all Mënsche gären; «Wo 2 oder 3 in meinem Namen versammelt sind, da bin ich mitten unter ihnen, » seet Jesus.

***Wat gefält mer net, Ängschten, Frust?*** D'Kierch beschäftegt sech ze vill mat Niewesächlechkeeten an si ass net méi missionaresch genuch; ze vill Gewiicht op Schold a Sënd, fir d'Leit kleng ze halen an hinnen Angscht ze maachen; Enttäuschungen duerch Verhalen vu Geeschtlechen, besonnesch an schwéiere Situatiounen; Kanner a Jugend feelen, hir Prioritéiten sinn net de Glawen, an d'Elteren motivéieren hir Kanner net; Chrëschten stinn net ëffentlech zum Glawen; keng jonk Benevoller méi do; d'Unerkennung vum Benevolat ze kleng; géigesäiteg ugräifen; keng Ënnerstëtzung vun der Politik; Leit um Rand hu keng Platz an der Kierch; Diktat vun uewen erof ouni mat der Basis ze schwätzen; Reaktioun vun der Kierch ass ze lues; d'Kierch ass ze vill almoudesch, net uspriechend, net zäitgeméiss; Geeschtlech - just Männer, keng Fraen, net Bestuetener; dacks sinn d'Leit net rosen, awer enttäuscht oder traureg; d'Mass gëtt ersat duerch TV Mass.

***Erwardungen, Hoffnungen:*** Nei Formen vu Gemeinschaften: Mass normal, am Krees, iwwert Bibeltexter schwätzen mat uschléissender Eucharistiefeier; Gottesdéngschter fir all Generatiounen zesummen; Musekgottesdéngschter; Dialoggottesdéngschter; Wuertgottesdéngschter; Nolauschteren ouni ze kritiséieren; Beicht, nei Formen, Gespréichsbeicht, Erklärungen derzou; erëm méi zesumme bieden; eis nach méi mat de Bibeltexter beschäftegen; frou aus der Kierch heem goen; Gesank zesummen mam Vollek; eng einfach, verständlech Sproch schwätzen; méi perséinleche Kontakt mat de Leit no der Mass.

### *Zesummefaassung vun de Stëmmen, déi iwwert d'Froebéi erakomm sin*

**Wut:** Kierchen opginn an desakraliséieren, ofschafen vu Paren; sech géigesäiteg bekämpfen ënnert Reliounen oder Chrëschten; Hetz géint Kierch; Zölibat – Priester/innen; Mëssbrauch: Vertuschen an Entschëllegungen sichen; keng Begleedung fir Paren vun uewen eraf; Muecht. **Suergen / Klage:** Glawen verluer; Sonndesmassen; Paren - keng Autonomie; Kanner a Jugend feelt; keng Platz fir Leit um Rand; eidel Kierchen. **Hoffnung:** Massen an all Duerf; Roll vun der Fra an der Kierch; jonk Paschtéier; Ophiewen vum Zölibat an Fraenpriester; eng dem 21. Joerhonnert ugepassten Kierch. **Quellen:** Glawensvermëttlung; Gemeinschaft; Bibeltexter an alle Formen. **Trauer:** Skandaler vu Kannermëssbrauch; Spott mat der Kierch, hier de Réck dréinen; kee Versteesdemech fir Leit mat anere Weeër; Enttäuschung keng Ënnerstëtzung an Nout. **Einsicht:** Gebiet ass net wichteg / wichteg; Glawen stäerken; Kierchen erhalen; Hoffnung well Priister op Leit aginn; Gott ass den den eis leet; Wa keng Ännerung kënnt ass et ze spéit; ze vill Materialismus.

**Wärend dem «Mois Sainte Claire» (Oktober 2022) kommen mer an der Par Atertdall Sainte-Claire op dës Iwwerleeungen zeréck.**
**Am Parbréif fannt Dir dann Enn September 2022 all Detailer.**

**Bis dohinn, schéi Summerméint!**

# Diplomiwwerreeschung vun der Museksschoul Kanton Réiden



AM KANTON

Donneschdes, de 14. Juli 2022 war Diplomiwwerrechung vun der Musekschoul zu Useldeng am Buerghaff. An Presenz vum Präsident vun der Musekschoul, dem Direkter aus der Musekschoul an de jeeweilege Buergermeeschtere kruten d'Schüler aus dem Réidener Kanton hier Diplomer vum Schouljoer 2021-2022 iwwerreecht.

Mir gratuléieren all de Laureaten, besonnesch deenen aus der Useldenger Gemeng an deenen déi bei eis an der Useldenger Musek spillen.

D'Réidener Museksschoul spillt eng wichteg Roll an der Educatioun vun eisen zukünftege Musikanten an eng gutt Zesummenaarbecht tëschent deene verschiddene Acteure ass besonnesch wichteg. D'Useldenger Musek huet wärend deem Owend de Catering assuréiert, an d'Schüler konnten op hiren Exploit vun dësem Schouljoer ustoussen



Fotoe: Charles Reiser
Text: Max Koster

# LE CHEMIN DE L'ÉCOLE EN TOUTE SÉCURITÉ

POLICE LËTZEBUERG

## GAUCHE, DROITE, GAUCHE …

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons en veillant aux feux de circulation : rouge je dois m'arrêter, vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends au bord de la chaussée dans un endroit où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent également. Ensuite gauche, droite, gauche…




## LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Parcourez plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende toujours de la voiture du côté du trottoir.

## JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus facilement dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

## CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit prendre place dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.

## Vigilance accrue lors de la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne se rendent pas encore compte des dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.

WWW.POLICE.LU

© Police Lëtzebuerg - 20.07.2022

ZESUMME FIR IECH

SERVICE

# Paella au poulet et aux crustacés



Ingrédients (pour 4 personnes) :

- pilons de Poulet : 8
- langoustines crues : 8
- crevettes tigrées décortiquées Jumbo (scampis)
- rondelles de calamar : 150 g
- poivrons en lanières : 200 g
- tomates concassées (boîte) : 400 g
- chorizo : 150 g
- riz long grain : 1,5 tasse
- bouillon de poule : 1/2 cube dissousdans une tasse d'eau très chaude
- oignon : 1
- ail : 1 éclat
- huile d'olive : 4 c. à soupe
- capsules de safran : 1
- sel et poivre

D'REZEPT VUN DER BOMI

### AU PRÉALABLE

1. Faites légèrement dégeler les pilons de poulet.

2. Faites partiellement dégeler les langoustines, les crevettes tigrées et les rondelles de calamar.

3. Émincez l'oignon et l'éclat d'ail.

4. Coupez le chorizo en morceaux d'1/2 cm d'épaisseur.

### PRÉPARATION (1h 15 min.)

1. Faites bien chauffer 4 c. à soupe d'huile d'olive dans une sauteuse large.

2. Saisissez-y les pilons de poulet sur toutes leurs faces. Salez et poivrez. Couvrez et laissez cuire pendant 25 min, à feu doux. Retirez les pilons de poulet de la sauteuse.

3. Dans la même sauteuse, faites colorer l'oignon et l'ail émincés ainsi que les lanières de poivrons surgelées.

4. Ajoutez ensuite les morceaux de chorizo, les rondelles de calamar, le riz, le safran et les tomates concassées. Mélangez bien et dressez les pilons de poulet sur la préparation à base de riz. Versez le bouillon de poule. Couvrez et laissez mijoter pendant 25 min, à feu doux. Si nécessaire, rajoutez encore un peu de bouillon.

5. Dressez les langoustines et les crevettes tigrées sur la paella. Couvrez et laissez mijoter pendant 10 à 15 min à feu doux. Servez immédiatement.

# Guided Autumn Tours

**Anmeldung erforderlich!**



**Mittwoch**

02.11

**Rindschleiden**
**Reise in die Vergangenheit**

14:00-15:30 Uhr
LU/DE
Preis pro Person: 10 €,
Bezahlung in bar vor Ort
Wichtig: für Erwachsene und Familien mit Kindern ab 10 Jahren, nicht geeignet für Kinderwagen oder Rollstuhlfahrer.

Können Sie sich vorstellen, wie Menschen vor 100 Jahren in Luxemburg auf dem Land gelebt haben? Dann ist dies genau das richtige Angebot für Sie! Besuchen Sie das kleinste Dorf Luxemburgs mit seinem ländlichen Museum „Thillenvogtei". Hier können Sie mit allen Sinnen die Vergangenheit erleben durch Mitmachaktivitäten.



**Donnerstag**

03.11

**Nospelt**
**Péckvillchen Workshop**
**& Keramik-Museum**

17:00-19:00 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person (Kinder und Erwachsene): 5 €, Bezahlung in bar vor Ort
Wichtig: Es werden zwei Gruppen gebildet (Museum + Atelier), Péckvillchen als Souvenir mitnehmen für 15 € Aufpreis (pro Stück).

Nospelt war, seit dem Mittelalter, das Zentrum für Töpferkunst bis Ende des letzten Jahrhunderts. Zusammen mit einem begeisterten Hobbytöpfer „Usch" wird ein typisch luxemburgischer „Péckvillchen" hergestellt, eine aus Ton gebrannte Keramikpfeife in Vogelform. Im Haus des letzten Töpfers wurde ein Museum eingerichtet, wo alte Töpferwaren ausgestellt sind, und wo Sie in die Geheimnisse dieser alten Handwerkskunst eingeweiht werden.



**Freitag**

04.11

**Useldingen**
**Kinderfreundliche Tour**
**auf der Useldinger Burg**

15:00-16:30 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person: 8 € (gratis für Kinder unter 6 Jahren), Bezahlung in bar vor Ort
Wichtig: Kinder in Begleitung eines Erwachsenen, die Kleidung den Wetterbedingungen anpassen

Diese geführte Entdeckungstour eignet sich für Familien mit Kindern von 4-12 Jahren, da die Türme nicht mit einem Kinderwagen zugänglich sind. Auf spielerische und leicht verständliche Art und Weise nimmt der Tourguide auch die jüngsten Teilnehmer in ritterlichem Gewand mit auf Entdeckungsreise durch die Useldinger Burg.



**Samstag**

05.11

**Kehlen**
**Distillerie Adam**

18:30-20:00 Uhr
LU/DE/FR/EN
Preis pro Person: 10 €, Bezahlung in bar oder Payconiq vor Ort

Lernen vom Meister ist sicher keine Schnapsidee! Im Kehlener Brennereimuseum wird Ihnen einen Einblick in das traditionelle Handwerk und auch in das frühere gesellschaftliche Leben gewährt. Selbstverständlich können Sie bei einer Verkostung die hauseigenen Schnäpse und Liköre genießen. Highlight dieser Aktivität ist das Brennen mit Holz.



17. September
Serge Tonnar &
Band Concert
am Buerghaff
zu Useldeng

Start: 20h00

25 € / Erwuessener
15 € / Schüler
10 € / Kanner < 13 J

Tickets:
manukultura@useldeng.lu



15. Oktober
Sound and Light
Show
Tit Schroeder
Plaz

Org. Kultur- a
Buergfrënn
an zesummen -
aarbecht mat der
Harmonie
Useldeng

Infos:
manukultura@useldeng.lu

MANU KULTURA

11-13. November
Commune Art zu
Useldeng

D'Erëffnung ass
Fréides Owes

Commune Art ass
eng ass eng
Konschtausstellung
vun
Hobbykënschtler
aus der Gemeng
Useldeng

# FILMOWEND FIR JIDDEREEN
# SOIRÉE FILM POUR TOUT LE MONDE

DER CLUB ATERTDALL ZEIGT IN ZUSAMMENARBEIT MIT DEM INFO-ZENTER-DEMENZ DEN FILM /
*LE CLUB ATERTDALL PRÉSENTE EN COLLABORATION AVEC LE INFO-CENTER-DEMENZ LE FILM :*



## « THE FATHER»

**mit / avec Anthony Hopkins**

**DIENSTAG, DEN 04. OKTOBER UM 19:00**

**WO / OÙ:** MAISON WORRÉ (11, GRAND-RUE, REDANGE)
**TARIF:** GRATIS
EISCHREIBUNGEN BIS SPÄTESTENS DEN 28. SEPTEMBER ! /
*INSCRIPTIONS JUSQU'AU 28 SEPTEMBRE !*
**TEL: 27 55 33 70**

Club Atertdall 10 Joer zesummen erliewen

Info-Zenter Demenz



## SEPTEMBER

10.09. | SAMSCHDEG
TRAKTERSTREFFEN & GRILLFEST
> IEWERLENG
Ferguson Club Lëtzebuerg

11.09. | SONNDEG
50TEN PRIESTERJUBILÄUM VUM PASCHTOUER MATHIEU JANNSSEN CENTRE CULTUREL
> USELDENG
Par Atertdall a Kierch am Duerf

11.09. | SONNDEG
TRAKTERSTREFFEN & GRILLFEST
> IEWERLENG
Ferguson Club Lëtzebuerg

17.09. | SONNDEG
SEGELFLIGER BAPTÊME D'AIR
> USELDENG
CLVV Useldeng

17.09. | SONNDEG
SERGE TONNAR & BAND LIVE OP DER BUERG
> USELDENG
Kultur a Buergfrënn

24.09. | SONNDEG
SEGELFLIGER BAPTÊME D'AIR
> USELDENG
CLVV Useldeng

27.09. | DËNSCHDEG
SENIORENIESSEN BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

# OKTOBER

01.10. | SAMSCHDEG

FAMILLJEFEST KIERCH AM DUERF CENTRE CULTUREL
> USELDENG
Kierch am Duerf

09.10. | SONNDEG

JOURNÉE COMMÉMORATIVE
> USELDENG
Comité du souvenir / Gemeng

11. – 13.10. | DËNSCHDEG – DONNESCHDEG

COMMUNE ART
> USELDENG
Kultur a Buergfrënn

15.10. | SAMSCHDEG

SOUND & LIGHT SHOW
> USELDENG
Kultur a Buergfrënn / Harmonie Useldeng

20.10. | DONNESCHDEG

AUSFLUCH OP RAMBORN
Senioreforum

25.10. | MËTTWOCH

SENIORENIESSEN BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

# NOVEMBER

07.11. | MÉINDEG

OPSTELLEN VUM MANIFESTATIOUNSKALENNER AN DER BUVETTE
> USELDENG
Syndicat d'Initiative

10.11. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

12.11. | SAMSCHDEG

KIERMES
> RIPPWEILER
Chorale Rippweiler

18.11. | FREIDEG

KNIDDELOWEND
BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Club des jeunes
Useldeng

27.11. | SONNDEG

CHRËSCHTMAART AM CENTRE CULTUREL
> USELDENG
Harmonie Useldeng

29.11. | DËNSCHDEG

SENIORENIESSEN
BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

# DEZEMBER

02. + 03.12. | FREIDEG + SAMSCHDEG

CHRËSCHTDAG OP DER BUERG
> USELDENG
Kultur a Buergfrënn

08.12. | DONNESCHDEG

NIKLOSFEIER AN DE BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

15.12. | DONNESCHDEG

CHRËSCHTIESSEN AN DER BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

17.12. | SAMSCHDEG

WANTERCONCERT AN DER KIIRCH
> USELDENG
Harmonie Useldeng

28.12. | MËTTWOCH

SENIORENIESSEN BUVETTE SPORTSHAAL
> USELDENG
Senioreforum

WWW.USELDENG.LU

GEMENG USELDENG

ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE
2, RUE DE L'EGLISE
L-8706 USELDANGE
T. 23 63 00 51-1

Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

**Secrétariat** M. Pit Lang
Sur rendez-vous

**Bureau de la population** M. Tom Lehnert
Lundi : 08h00 – 12h00
Mardi: 13h00 – 19h00
Mercredi/Jeudi /Vendredi : 08h00 – 12h00

**Redacteur** M. Bob Waltzing an M. Daniel Philippe
Sur rendez-vous

**Service technique** M. Marc Ferber, M. Denelle Luca
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Relations publiques** Mme Jil Peiffer
Sur rendez-vous